



Ech soen lech Merci fir d’Nolauschteren an och Merci fir déi grouss Zoustëmmung, déi dëse Projet wäert kréien.

► **Plusieurs voix.** - Très bien!

► **M. le Président.** - Merci dem Minister.

Domadder wiere mer um Enn vun der Diskusioun a mir kommen zur Ofstëmmung iwwert de Projet de loi.

#### **Vote sur l’ensemble du projet de loi 6468 et dispense du second vote constitutionnel**

D’Ofstëmmen fänkt un. Déi perséinlech Stëmme fir d’Éischt. Duerno de Vote par procuration. De Vote ass ofgeschloss.

De Projet de loi 6468 ass ugehall mat 60 Jo-Stëmmen.

Ont voté oui: Mmes Diane Adehm, Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt, MM. Fernand Boden, Lucien Clement, Mme Christine Doerner, MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Mme Marie-Josée Frank, MM. Léon Gloden, Norbert Hauptert, Ali Kaes, Marc Lies, Mme Martine Mergen, MM. Paul-Henri Meyers (par M. Lucien Clement), Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Gilles Roth, Jean-Paul Schaaf, Mme Tessy Scholtes (par M. Félix Eischen), MM. Marc Spautz, Robert Weber, Lucien Weiler (par Mme Marie-Josée Frank), Raymond Weydert, Serge Wilmes et Michel Wolter (par Mme Nancy Arendt);

MM. Marc Angel, Alex Bodry, Mme Claudia Dall’Agnol, MM. Fernand Diederich, Georges Engel, Ben Fayot, Claude Haagen, Jean-Pierre Klein, Lucien Lux, Mme Lydia Mutsch, MM. Roger Negri, Ben Scheuer et Roland Schreiner;

MM. André Bauler, Eugène Berger, Xavier Bettel, Mme Anne Brasseur (par M. Fernand Etgen), MM. Fernand Etgen, Alexandre Krieps, Claude Meisch, Mme Lydie Polfer et M. Carlo Wagner;

MM. Claude Adam, François Bausch, Félix Braz, Camille Gira, Henri Kox, Mmes Josée Lorsché et Viviane Loschetter;

MM. Jean Colombera, Gast Gibéryen et Fernand Kartheiser;

M. Jacques-Yves Henckes;

M. Serge Urbany.

Gëtt d’Chamber d’Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

(Assentiment)

Dann ass dat esou décidéiert.

Eisen nächste Punkt um Ordre du jour ass de Projet de loi 6383, eng Ofännerung vum Gesetz iwwert de Stroosseverkéier. D’Riedezäit ass nom Basismodell festgeluecht. Bis elo ass kee Riedner ageschriwwen. D’Wuert huet elo de Rapporteur, den honorabelen Här Marc Spautz. Här Spautz, Dir hutt d’Wuert.

### **8. 6383 - Projet de loi modifiant la loi du 14 février 1955 concernant la réglementation de la circulation sur toutes les voies publiques**

#### **Rapport de la Commission du Développement durable**

► **M. Marc Spautz** (CSV), *rapporteur*. - Här President, Dir Dammen an Dir Hären, haut hu mer e Projet um Ordre du jour, wou et drëms geet, fir dass mer d’Reglementer, wat de Beräich vun der Sécherheet ubelaangt, méi bequem a méi einfach kënnen huelen. Erlaabt mer duerfir, e puer Eckdate vum Projet opzeielen.

Bei dësem Projet ass den 2. Januar 2012 vum Nohaltegkeetsminister den Dépôt gemaach ginn. D’Avisé vun de Beruffschamberen, der Chambre de Commerce an der Chambre des Métiers houngen direkt hannendrun, an den Avis vum Statsrot ass den..., war och derbäi. Den 21. November 2012 hu mer an der Kommissioun den Text analyséiert an och den Avis vum Statsrot, an de Rapport ass den 10. Dezember ugehall ginn.

Mat dësem Text maache mer eng Verbesserung an eng Vereinfachung, wat d’Publikatiounen vun de Reglementer ugeet. Leider, an dat wësse mer alleguerten, hunn d’Printmedien ëmmer méi Schwierigkeeten an et gëtt manner ëmmer op d’Dageszeitungen zrëckgekuckt. Et war bis elo üblich, dass déi an de Printmedien hu misse veröffentlecht ginn. Fir dat elo kënnen aneschtens ze maachen, mussen mer den Artikel 5 vum Gesetz vum 14. Februar 1955 änneren, wou mer do en neie Paragraf bäiflécken, wou et dann och duerno méiglech ass, iwwer aner Weeër, iwwer nei Modeller wéi och iwwert den Internet....

De Statsrot huet dat och ënnerstrach gehat, an och de Ministère war direkt bereit, fir dat ze maachen, dass mer esou aner Méiglechkeeten, besser Méiglechkeeten hunn, vill méi modern alleguerten déi Ännerungen, déi virgesi sinn am

Transport, dass déi och do sinn, fir dass et net méi ass, wéi et an der Zäit war, wou alles ëmmer huet missen an de Printmedië veröffentlecht ginn, wat eng ganz grouss Vereinfachung duerstellt.

Well dat Basisgesetz, wéi dat de Moment war, dat geet nach zrëck op den 22. Oktober 1842, fir just ze soen, wéi dat déi Zäit war mat de Publikatiounen. Duerfir ass et och gutt, dass mer dat elo an deem dote Punkt maachen. Mä ech mengen, dass et och eng Verbesserung ass fir alleguerten déi Leit an d’Benotzer, déi all Kéiers mam Code de la route ze dinn hunn, déi alleguerten müssen eben ëmmer wëssen, wat fir eng Ännerungen do kommen, an dass dat méi einfach gëtt.

Esou wäit zum Projet an ech ginn och domadder den Accord vun der CSV-Fraktioun.

► **Plusieurs voix.** - Très bien!

► **M. le Président.** - Merci dem Här Rapporteur. Ech mengen, dat war esou komplett, datt näischt méi derbäizefügen ass. Da kéime mer direkt zur Ofstëmmung iwwert de Projet de loi.

#### **Vote sur l’ensemble du projet de loi 6383 et dispense du second vote constitutionnel**

D’Ofstëmmen fänkt un. Fir d’Éischt déi perséinlech Stëmmen. De Vote par procuration. De Vote ass ofgeschloss.

De Projet de loi 6383 ass ugehall mat 59 Jo-Stëmmen.

Ont voté oui: Mmes Diane Adehm, Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt, MM. Fernand Boden (par M. Norbert Hauptert), Lucien Clement, Mme Christine Doerner, MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Mme Marie-Josée Frank, MM. Léon Gloden, Norbert Hauptert, Ali Kaes, Marc Lies, Mme Martine Mergen, MM. Paul-Henri Meyers (par Mme Nancy Arendt), Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Gilles Roth, Jean-Paul Schaaf, Mme Tessy Scholtes (par M. Félix Eischen), MM. Marc Spautz, Robert Weber, Lucien Weiler (par Mme Marie-Josée Frank), Raymond Weydert, Serge Wilmes et Michel Wolter (par M. Jean-Paul Schaaf);

MM. Marc Angel, Alex Bodry, Mme Claudia Dall’Agnol, MM. Fernand Diederich, Georges Engel, Ben Fayot, Claude Haagen, Jean-Pierre Klein, Lucien Lux, Mme Lydia Mutsch, MM. Roger Negri, Ben Scheuer et Roland Schreiner;

MM. André Bauler, Eugène Berger, Xavier Bettel, Mme Anne Brasseur (par M. Xavier Bettel), MM. Fernand Etgen, Alexandre Krieps, Claude Meisch, Mme Lydie Polfer et M. Carlo Wagner;

MM. Claude Adam, François Bausch (par Mme Viviane Loschetter), Félix Braz, Camille Gira, Henri Kox, Mmes Josée Lorsché et Viviane Loschetter;

MM. Jean Colombera, Gast Gibéryen et Fernand Kartheiser;

M. Jacques-Yves Henckes.

Gëtt d’Chamber d’Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

(Assentiment)

Dann ass dat esou décidéiert.

Da komme mer elo zum leschte Projet vun de Mëtteg an och vun dësem Joer, nämlech dem Projet de loi 6428, eng Ofännerung vum Gesetz iwwert den CO<sub>2</sub>-Emissiounshandel. Hei ass d’Riedezäit nom Modell 1 festgeluecht. Et hu sech bis elo ageschriwwen: déi Häre Berger an Negri. D’Wuert huet elo de Rapporteur vum Projet de loi, den honorabelen Här Marcel Oberweis. Här Oberweis, Dir hutt d’Wuert.

### **9. 6428 - Projet de loi modifiant la loi modifiée du 23 décembre 2004 établissant un système d’échange de quotas d’émission de gaz à effet de serre**

#### **Rapport de la Commission du Développement durable**

► **M. Marcel Oberweis** (CSV), *rapporteur*. - Här President, Dir Dammen an Dir Hären, Dir Häre Ministeren, jo, et geet zum Schluss zou. Ech maachen et net ganz laang, versprach!

Dee virleiende Projet de loi stellt ee weidere Bausteen, wéi oft hei an der Chamber schonn, an der Lutte géint de Klimawandel duer. Et geet hei ëm den europäeschen Handelssystem vun den Emissiounsquoten, an hei speziell den Dreifhausgas CO<sub>2</sub>. E puer Wuert zur Erklärung.

Mir modifizéieren dat scho modifizéiert Gesetz vum 23. Dezember 2004, mat deem mir deemools déi europäesch Direktiv 87 aus dem Joer 2003 ëmgaset haten. De virleiende Projet de loi ass den 23. Abrëll dëst Joer vun dem delegierten Nohaltegkeetsminister Marco Schank an der Chamber déposéiert ginn. D’Chambre de Commerce an d’Chambre des Salariés hunn hiren Avis agereecht an de 26. Juni huet de Statsrot och den Text aviséiert. Awer opgrond

vun Iwwerleeunge vum Statsrot sinn an der Chamberskommissioun eng Rei vun Amendementer ugehall ginn an deem neien, dem Statsrot sengem Avis complémentaire ass du Rechnung gedroe ginn. De Rapport ass de 27. November dëst Joer majoritär ugehall ginn.

Et sinn, an dat war d’Iwwerleeung aus der Direktiv, an de leschte Joren nei Erkenntnisser op dem technologesche Plang an der Rumm vun der Reduktioun vun den CO<sub>2</sub>-Emissiounen gewonnen ginn. An et koun doduerch zur neier Direktiv 29 aus dem Joer 2009.

Haaptkärpunkten aus dëser Direktiv sinn:

De Champ d’application gëtt ausgebaut, soudass elo och de Secteur vun der Pétrochimie, dee vum Ammoniak a vum Aluminium abezu gëtt.

Et ginn Ännerungen am Beräich vun dem Versteë vum de Quoten agefouert. Hir Validitéit erstreckt sech elo iwwer aacht Joer, bis 2020.

An et gëtt e Régistre européen normalisé agefouert. Fir deen nationale Volet ass eis Ëmweltverwaltung zoustänneg.

An dann, vum nächste Joer un, ginn niewent dem Dreifhausgas CO<sub>2</sub> och Kuelewaasserstoffer an och den Distéckstoffoxid abezunn.

Mat deem fir den Handelssystem weltwäit interessante Outil wëllt d’Europäesch Unioun hir Emissiounen vun CO<sub>2</sub> reduzéieren, fir esou déi festgeluechte Klimaschutzziler aus dem Kyoto-Protokoll ze erreechen. Wéi gesot, et handelt sech heibäi ëm e relativ technesche Projet de loi. Ech verweisen duerfir op de schrëffleche Rapport fir déi Detailer an den Exposé des motifs. Hei nëmmen déi wichtegst Elementer.

Nach e kuerze Rappel zum europäeschen CO<sub>2</sub>-Emissiounshandelssystem. Duerch déi éischt Period vun 2005 bis 2007, dat war eng Pilotphas, ass de System vum fräien Échange mat Emissiounsquoten an der Unioun agefouert ginn. Ronn 12.000 Industriebetriber sinn agebonne ginn, an déi stoungen deemools fir 50.000, pardon 50% vun der europäescher CO<sub>2</sub>-Emissioun. Dat sinn awer weltwäit nëmmen 8%.

An der zweeter Period vum 1. Januar 2008 bis de leschten Dezember 2012 ass dunn den Handelssystem fir d’CO<sub>2</sub>-Quoten etabliert ginn. Den Entreprisé sinn deemools d’Emissiounszertifikater gratis zougewise ginn. Déi Entreprises, déi hir Limite iwwerschritt hunn, hunn entweder hir Installatiounen missen upassen oder awer se hu misse Quoten um Marché akafe bei deenen Entreprises, déi gespuert haten.

Mir all wëssen awer, dat ass déi batter Erkenntnis hautdesdaags, dass de System och ganz grave Dérapagé kannt huet a sech munch Leit duerch de System ferm beräichert hunn, an Héicht vun Honnerte Milliounen, voire Milliarden.

An der drëtter Period, déi elo den 1. Januar ufänkt 2013 bis de leschten Dezember 2020, komme fundamental Ännerungen op d’Entreprises zou. Et kennt zu enger Harmoniséierung vum Handelssystem vun CO<sub>2</sub>-Quoten. Et gëtt eng gemeinsam europäesch maximal Limite festgeluecht, an déi eenzel Memberstaten hu keen Afloss méi. Déi national Allocationspläng, déi bis elo bestanen hunn, ginn ofgeschaaft. Et gëllen iwwerall déiselwecht Regeln, vu Portugal bis op Estland dorobber, fir déi Gratisverdeelung vun den CO<sub>2</sub>-Quoten. An da mussen all Quoten, déi net méi gratis verdeelt ginn, versteet ginn.

D’Zil ass ganz kloer: Bis zum Joer 2020 mussen d’CO<sub>2</sub>-Emissiounen vun den Industriebetriber ëm 21% par rapport zum Joer 2005 reduzéiert ginn. Dat ass eng gewaltig Aufgab, mä mir sinn um gudden Wee schonn. An domat soll déi emittéiert Tonn CO<sub>2</sub> och e seriöse Präis kréien. Momentan läit dee Wäert nëmme bei aacht Euro pro Tonn, vill ze déif, fir iwwerhaapt eppes unzereegen. Eréischt ab 20 Euro pro Tonn kommen déi Firmen an d’Gesprécher, fir bei hire Betriber Anlagen anzebauen, fir CO<sub>2</sub> ze reduzéieren. Fir dëst eben ze erreechen, kennt et zur Stee vun den CO<sub>2</sub>-Quoten.

Vum nächste Joer u bedroen déi gratis verdeelte Quote fir d’Industriebetriber nach 80% vun der Mengt aus der zweeter Period, de Rescht mussen se steeën. An dee Prozentsaz gëtt bis 2020 op 30% reduzéiert an da fir op 0% erofgeféiert ze ginn, bis 2027. Da mussen se all hir Tonnen CO<sub>2</sub> steeën.

Ech wëll drop hiweisen, dass säit dem Ufank vun dësem Joer och den zivile Flugverkéier an der Europäescher Unioun an dësen Handelssystem agebonne ginn ass. Dat heescht, déi eenzel Fluggesellschaft mussen och Emissiounsquote kafen, wa si Volen an der Europäescher Unioun duerchféieren.

Kuerz gesot, 97% vun der Duerchschnittsemisiounsmengt aus de Joren 2004 bis 2006 dierfen nach 2012 emittéiert ginn an nëmmen nach 95% am nächste Joer. 15% vun där Ton-

nage un CO<sub>2</sub> mussen si iwwert d’Stee akafen, de Rescht kréie si gratis. Domadder solle se och agebonne ginn an dee Prozess vun der Reduktioun, wuelwëssend awer, dass de Flugverkéier an Europa 2% vun de Gesamtemissiounen bäidréit. Wat de Loftverkéier iwwert déi europäesch Grenzen eraus ubelaangt, esou soll bis zum Hierscht vum nächste Joer e Kompromëssvorschlag mat allen aussereuropäesche Fluggesellschaften ausgeschafft ginn.

De Stroossen- a Waassertransport, déi sinn nach ausgeklamert, awer de Waassertransport kann zu engem spéideren Zäitpunkt agebonne ginn. An d’Land- an d’Forstwirtschaft falen net ënnert dësen Uwendungsberäich. Firwat? Well et ganz schwéier ass, hir Emissiounen ze berechnen.

D’State kréien elo d’Méiglechkeet, verschidde kleng Installatiounen mat geréngem Ausstoss - 25.000 Tonnen CO<sub>2</sub> pro Joer - aus dem System erauszehuelen, ënnert der Konditioun awer, dass Mesuré geholl ginn, déi en ausgläichen Effekt op hir CO<sub>2</sub>-Emissiounen hunn.

Et sief hei drop higewisen, dass mir dës Konditioun net opgräifen, well dat mat engem héije bürokrateschen Opwand verbonne wier, a well jo all Memberland all eenzel Installatioun der Europäescher Kommissioun melle muss.

Et gëtt awer och Ausnahmen zum Quotesystem. Wann erkannt gëtt, dass duerch d’Käschte vun der CO<sub>2</sub>-Stee e Betrib zu enger Delokalisatioun kéint geféiert ginn, da kann dee Betrib seng Quoten och gratis à disposition gestallt kréien.

Wat den Iwwergank awer vun der zweeter op déi drëtt Period ubelaangt, sou ass Folgendes festgehal: Déi Quoten, déi net an der zweeter Period gebraucht goufen, kënnen an der drëtter Period benotzt ginn. Als eenzeg Ausnahm gëllt awer, wann ee Betrib ganz oder zum Deel seng Aktivitéiten astellt, da kann den zoustänneg Minister iwwert d’Zréckgi vun de Quote bestëmmen. Am Fall vun deenen zwee Wierker vu Rodange a Schëffleng huet de Minister kloer Positioun bezunn.

Ech wëll och drop hiweisen, dass d’Revenuen aus der Stee op ee momentan zweestellige Milliarden-Euro-Betrag geschätzt ginn. An dës Montanté ginn zum Deel an d’Memberlänner zrëckgeféiert oder awer si falen an den europäesche Klimaschutz, an do kënnen dann an alle Länner weider Aufgaben iwwerholl ginn.

De Prozess vun der Stee ass relativ komplizéiert. Ech wëll do op de schrëffleche Rapport verweisen.

Ech wëll och net vergiessen, dass d’Instrumenter vun dem „joint implementation“ an dem „clean development mechanism“ och weider zum Azaz kommen, awer mat dësen Instrumenter dierfen d’Länner aus der Europäescher Unioun hir CO<sub>2</sub>-Emissiounen duerch Investissemen-ter a Länner baussent der Europa-Unioun fräikafen. All Projet, deen agereecht gëtt, muss awer gedroe gi vun ökologeschen, vu sozialen a vu wirtschaftleche Kriterien.

An et dierf och net zur Vermeschung tëschent den Aidé komme vun der Kooperatioun an deenen aneren. Déi sinn hei complémentäre unzegesinn. Well duerch déi modern Ëmwelttechnologien, déi mir hei an Europa entwéckelt hunn, sollen och ons Partnerlänner Profit zéien, fir bei hinnen dann de Prozess vum Klimaschutz méi séier unzedeiwen. A se ginn och méi schnell onofhängeg da vun de fossilen Energieressourcen, an domat jo och dann à la longue en aval ginn déi Reduktiounen vun Dreifhausgasen duerchgeféiert. Et kann ee bal soen, eng Win-win-Situatioun, duerch Europa ageleet, fir anerer bestëmmt.

E leschte Punkt. An dem neien Artikel 16bis gëtt drop higewisen, dass all Informatiounen iwwer ënner anerem d’Verdeele vun de Quoten an d’Kontroll vun Emissiounen kommunizéiert mussen ginn. Et ass awer festgehal: ginn, dass et verbueden ass, dës Informatiounen, déi ënnert de Secret professionnel falen, no baussen ze kommunizéieren.

A mat dem Vote vun dësem Projet de loi, dee mir haut wëllen da stëmmen, deen trëtt dann den 1. Januar d’nächst Joer a Kraaft. A mat dësen dach méi techneschen Ausféierungen bréngen ech den Accord da vun der CSV eran a soe Merci wéi ëmmer fir d’Nolauschteren.

► **Plusieurs voix.** - Très bien!

► **M. le Président.** - An ech soen dem Här Rapporteur Marcel Oberweis Merci. Als éischte Riedner kritt elo den Här Berger d’Wuert.

#### **Discussion générale**

► **M. Eugène Berger** (DP). - Merci, Här President. Mat allem Respekt fir säi Fläiss, mä an



esou engem wichtege klimapoliteschen Dossier huet de Rapporteur a sengem schréftleche Rapport awer zu engem ganz groussen Deel de reale politeschen oder de reale klimapoliteschen Aspekt vu Lëtzebuerg ganz ausgeklamert. Kee Wuert, wou mer zu Lëtzebuerg dru sinn am Klimaschutz, kee Bilan vun deem éischte Gesetz, keng Zuelen iwwert déi nei Allocatiounen, näischt, guer näischt zum real existéieren den Défi vun den Emissiounsreduktiounen hei am Land!

Dat ass ze bedauern, Här President. Ech hat gehofft, dass awer de Rapporteur da vläicht am Numm vun der CSV hei géif kuerz Stellung huelen, well mir si jo gewinnt an de Kommissions-sitzungen, do ass en awer vill méi - wéi soll ech soen? -, do hält e gären awer seng Ministeren an d'Gebiet an e wäscht hinnen de Kapp, wann et och ëm klimapolitesch Froe geet. Ech hat mer och erhofft, dass den Här Oberweis hei dat géif weinstens net als Rapporteur, mä als CSV-Spriecher maachen. Mä, wéi gesot, et ass eigentlech alles vum real existéierende Problem vum Klimaschutz hei zu Lëtzebuerg ausgeklamert ginn, well wa mer iwwert dee Projet de loi debattéieren...

#### (Interruption)

Här President, ech mengen, den Här..., hie wëllt sech och nach aschreiwén.

► **M. le Président.** - Fuert Dir elo emol virun, Här Berger!

► **M. Eugène Berger (DP).** - Jo, Merci, Här President. Also, wa mer iwwert dee Projet de loi debattéieren, et geet jo am Endeffekt ëm d'Ëmsetzung vum Kyoto-Protokoll an d'Lëtzeburger Recht, an dat ass jo ee vun den Hauptpilieren vum juristisch contraignantë Klimaschutz zu Lëtzebuerg. An ech mengen, da kënnt een och net derlaanscht, fir fir d'Ëscht emol eng Kéier de Gesamt-kontext ze skizzéieren an ze analyséieren.

Hei gëtt et eng Hällewull Froen ze beäntweren: Huet de Kyoto-Protokoll seng Wierkung erreecht? Wat ass de Kyoto-Protokoll nach wäert? Wéi geet et weider mam Kyoto-Protokoll? Wou si mer drun am Klimaschutz zu Lëtzebuerg? Wat bréngt dëst Gesetz? Wat bréngt dëst Gesetz dem Klimaschutz zu Lëtzebuerg? Wat misst een aneschtens maachen am Klimaschutz, an eiser nationaler Energiepolitik zum Beispill? Ëm dës kruzial Froe geet et am Endeffekt bei dësem Gesetz.

Vläicht fir d'Ëscht e puer Remarquen zum internationale Kontext.

Et sinn nach keng zwou Wochen hier, dass déi International Klimaschutzkonferenz, mëttlerweile déi 18., déi heescht COP 18, zu Doha eriwuer ass, mat deenen enttäuschende Resultater, déi mer kennen. Et ass keen neit globaalt Ofkommen zustane komm, wou eigentlech dann all déi grouss Emittanten, virun allem och d'USA, China, Indien, scho géife mat an d'Boot klammen. De Kyoto 2, fir et emol esou ze nennen, ass am Prinzip decidéiert gi bis 2020, mä nach just 27, d'Europäer plus zéng aner Länner, maachen do mat. Déi stelle ronn 15% oder ee Sechstel vun de weltwäiten Emissionen duer.

Et ass och esou, dass zu Doha och keng kloer Décisioun getraff gi sinn, wat de Kyoto 2 ubelaangt, ausser dass en elo soll 2013 starten a bis 2020 goe soll. Keng nei kloer chiffriert Ziler. Wat geschitt zum Beispill mat de Quoten, déi net an der éischter Period gebraucht gi sinn? Et war och eng wichteg Fro, well mer jo och wëssen, dass Polen do innerhalb vun Europa en anere Wee wëllt goen. Dat heescht, et sinn eigentlech ganz vill oppe Froe bliwwen, emol net zu deem neien Ofkommen, mä iwwerhaapt och zum Kyoto-Protokoll, zum Kyoto 2.

Et wäerten dann och bestëmmt Stëmme kommen, déi froen: Firwat dann iwwerhaapt nach esou e Kyoto 2? Ech mengen, egal wéi, d'DP, déi steet weider zu dësem Protokoll, aus dräi Grënn.

Éischstens hu mer eng Verflichtung. A wa mer kucken an der Nordsüdschinn, dass d'industrialiséiert Länner déi sinn, déi am meeschte verschmotzen, dass déi an der Pflicht sinn, fir eppes ze maachen. An d'Drëttweltlänner, dat si gewéinlech déi aarm Länner, dass déi jo am meeschten ze leiden hunn ënnert de Folge vun der Aerderwärmung.

Zweetens hu mer einfach och eng Verflichtung, fir nohalteg ze handele vis-à-vis vun den zukünfte Generatiounen, besonnesch och am Klimaschutz.

An drëttens ass Klimaschutz am Endeffekt och eng enorm Chance fir d'Wirtschaft. Ech wäert herno nach eng Kéier dorobber zrëckkommen.

Bon, et bleift, dass mer hei en Text solle stëmmen, dee sech op e Protokoll baséiert, dee méi wéi jee onpräzise ass, wou een net genau weess, wou d'Rees weidergeet. Et kann also gutt sinn, dass och an den nächste Joren an der EU dee ganze Kyoto 2 nach eng Kéier nei wäert diskutéiert ginn, vläicht aneschtens ausgeluecht ginn, an dass dann och deen Text, dee mer haut hei sollen ofstëmmen, erëm nei geschriwwen wäert ginn oder ofgeännert oder annulléiert wäert ginn, ech weess et net.

Bon, ech kommen dann zum Lëtzeburger-gesche Kontext.

Den Text hei ass e bëssen eng Neioplage vun deem Text, dee schon 2004 gestëmmt ginn ass, den éischten Allocatiounsplang; dat war am Dezember 2004. Et läit jo op der Hand, dass et hätt och sollen e Bilan maache vun deem éischte Plang. An dee Bilan ass eigentlech ni richteg gemaach ginn. Et fënnt een och am Rapport ebe leider keng Tracen dovunner zrëck. Och an der Kommissions-, an der Nohaltegekeetskommission ass net vill doriwwer Rieds gaang. Dobäi weess een awer, dass jo eng ganz Rei Problemer bestanen hu mat deem éischten Allocatiounsplang.

Bon, deen Allocatiounsplang, mir wëssen dat, betrëfft déi grouss industriell Betriber, déi ganz vill CO<sub>2</sub> an d'Loft blösen. Hei zu Lëtzebuerg sinn dat elo keng Honnerten, mä dat sinn der awer iwwer eng gutt Dosen. Eigentlech hätt den Allocatiounsplang sollen en Ureiz sinn, fir dass déi Betriber méi energiespuersam solle schaffen, an dann och ënnert dem Stréch, wann ee méi spuersam mat der Energie ass, Sue spuert, am Endeffekt och méi kompetitiv hätte solle ginn.

Et war awer esou, dass déi Betriber wierklech ganz grousszügig Quoten ausgedeelt kruten, verdeelt kruten. Wéi mer duerno gesinn hunn, ze vill grousszügig. Et war eigentlech ni e wierklechen Ureiz do fir d'Lëtzeburger Betriber, fir wierklech CO<sub>2</sub> ze spueren, well se einfach mat ganz ville Quoten agedeckt gi waren.

Ee bekannt Beispill ass dat jo vun ArcelorMittal. Besonnesch ArcelorMittal huet jo e groussen Iwwerschoss vun esou Quoten. Si hu jo och eng Rei Wierker zougemaach a se konnten eigentlech dann déi Quote verkafen an domadder handelen. Si wollt se och elo hale fir déi zweet Period. An et ass jo elo esou, dass d'Regierung muss do intervenéieren, dass se muss striewelen, fir dann déi Quote vun ArcelorMittal zrëckzekeréieren.

Bon, de Plang vun 2004 hat och am Hannerkapp e bëssen, insgesamt, kann ee soen, hätten duerch de Kyoto-Protokoll och solle maartwirtschaftlech Regeln am Klimaschutz spillen. Een, deen ze vill verschmotzt, dee misst eigentlech bezuelen, dee misst Quote kafen, also misst dann eigentlech eleng duerch déi Regeln op de Wee goen, fir méi Klimaschutz ze maachen, fir manner CO<sub>2</sub> ze emittéieren.

Dernieft huet et sech awer och erginn an der Praxis, deemools 2004 - ech hat e bëssen d'Rieden nogelies vun 2004 -, do hunn déi eng oder aner Spriecher effektiv gemengt, dass de Präis vun deene Quoten, vun enger Tonn CO<sub>2</sub>, dass déi géife wierklech an de Joren duerno an d'Luucht goen. Aacht Joer duerno, mengen ech, gesäit een, dass do de Präis eigentlech guer net an d'Luucht gaangen ass. De Präis läit um Buedem.

Ech wëll elo net dorobber agoen, wat och alles an de leschte Joren, Dir hutt dat an de Medien alt emol matkritt, wat do vu Schmu gedriwwen ginn ass, net onbedéngt hei zu Lëtzebuerg, mä awer am Ausland, wou dann déi Quote gehandelt gi sinn. Do waren déi eng oder aner Skandal, déi opgedeckt gi sinn, wou ebe Länner oder dann och Finanzinstituter Trickereien domadder gemaach hunn an dann och do Milliounen a Milliounen Euro sech erschlach hunn.

Bon, eng fundamental Fro, déi sech hei stellt: Hu mer duerch dësen Allocatiounsplang dann hei zu Lëtzebuerg doduerjer eis Kyoto-Ziler erreecht, déi mer eis ginn hate respektiv déi mer operluecht kruten? Bon, Lëtzebuerg huet also, ech hunn et scho gesot, den industrielle Sektour ganz gutt mat Quote versuergt, an et kann een eigentlech soen, doduerjer huet d'Industrie, deen Deel huet also säin Zil erreecht. Si haten esou vill Quoten, hu keen Effort misse maachen, déi sinn also zefridden. Mä ass dat wierklech effizient gewiescht?

Op där anerer Säit muss mer jo awer och wëssen, hei zu Lëtzebuerg ass net nëmmen den industrielle Sektour, deen ee muss berücksichtigen, mä et ass jo och den Transportsektour, de ganzen Trafic, et sinn d'Haushalter an esou weider, déi een och muss considéréieren. Wéi ass et dann an deene Secteure gaangen? Et muss ee jo och wëssen, wat ee méi der Industrie ginn huet, wat een herno manner eigentlech a senger Bilanz huet fir déi aner Secteuren.

Wéi ass also d'Gesamtbilanz Kyoto, wa mer Industrie, Verkéier, Haushalter an esou weider zemmerechen? An do geet d'Rechnung net op! Dat wësse mer jo alleguerten. 2011, ech mengen, wann ech déi lescht Zuelen nach am Kapp hunn, louche mer nach 10% iwwer eisem Zil, dat mer laut Kyoto-Protokoll, dem éischte Kyoto-Protokoll sollen erreechen. Mir hunn also trotz Quotenhandel am industrielle Sektour eis Kyoto-Ziler, trotz also deem Gesetz vun 2004, eis Ziler net erreecht.

Ergo war also och de Quotenhandel net d'Allheilmittel, fir eis Klimaschutzziler ze erreechen. Ech hunn et scho gesot, also d'Betriber sinn aus der Schosslinn komm an an deenen anere Secteuren, do ass awer weider massiv waarm Loft produziéiert ginn, a mir hanken an de rouden Zuelen an eiser Kyoto-Bilanz.

Wat huet d'Regierung gemaach, fir dann erauszekommen aus der negativer Bilanz déi lescht Joren? Bon, fir eisen Engagementer nozekommen, hu mer eis also massiv fräikaaft am Ausland. „Carbon Funds“, dat sinn esou Fongen, wou mer abezuelen, iwwer honnert Milliounen, wou mer awer guer net wëssen, wat fir eng Projeten dann iergendwou am Ausland domadder gemaach ginn.

Mir hunn zum Beispill CDMen a China gemaach. China, dat ass dat Land, dat mëttlerweile och Astronauten huet an all méiglech Rakéiten a Flugzeugträger. Deenen hu mer Wandmille bezuelt, well ouni eis Suen hätten déi wahrscheinlich keng Wandmille kënnen opstellen.

► **M. Camille Gira (d'gréng).** - Duerfir konnte se awer d'Cargolux...

► **M. Eugène Berger (DP).** - Duerfir hätte se awer och nach vläicht kënnen am Géigenzuch bei der Cargolux dann en Effort maachen, d'Chineesen.

Mir hunn Albausanéierungen a Lettland...

#### (Interruption)

...finanzéiert. D'Regierung huet also hir Hausaufgaben am Klimaschutz net heiheim gemaach. Si ass mam Scheckheft duerch d'Welt gereest an huet sech iwwerall fräikaaft. An eisen Aen ass dat wierklech de falsche Wee.

D'DP freet: Firwat ginn déi Suen net hei am Land an de Klimaschutz investéiert an dann och domadder an déi sozial Economie hei investéiert? Ech mengen, eis Handwerksbetriber, déi wieren och frou, wa se do déi honnert Milliounen oder méi, déi mer all Joers an d'Ausland fir Klimaschutz investéieren, wann déi hei zu Lëtzebuerg kéinten an d'Betriber investéiert ginn.

An dëse Projet hei, dee mer hei haut virleien hunn, dee gëtt keng Antwort op all déi Erausforderungen, wéi mer hei zu Lëtzebuerg ebe kënnen konsequent Klimaschutz maachen. A virun allem, dass mer och hei, wa mer Klimaschutz maachen, ech soen et wahrscheinlech nach e puermol haut, Klimaschutz ass och wierklech eng Chance fir d'Economie hei zu Lëtzebuerg. Dat muss ee wierklech verstoen. Net nëmmen hei zu Lëtzebuerg, mä awer och hei zu Lëtzebuerg.

Well ech mengen, besonnesch am Klimaschutz kann ee flott weisen, flott an der Praxis ëmsetzen, wéi eigentlech kënnen Economie an Ekologie zesummen Hand an Hand goen, wou ee vun deem anere ka profitéieren. Ech ginn net midd, fir dat ze ënnersträichen, an ech wëllt stellvertredend - ech kéint vill Beispiller elo nennen, „green economy“ an esou weider, dee ganze Sektour -, mä ech wëll einfach hei stellvertredend eng vun eisen Alternativen nach eng Kéier rappeléieren.

D'DP, déi gëtt jo net midd, fir ze soen, mir sollen hei en nationalen Albausanéierungsprogramm durchzéien. Hei ass e ganz groust Potenzial zu Lëtzebuerg, en enormt Potenzial, fir CO<sub>2</sub> ze spueren, fir eis Bilanz ze verbessern. Och do sinn d'Experten, déi soen, praktesch en Drëttel, wann net méi vun eiser Bilanz kéinte mer do verbessern, wa mer also alleguerten eleng nëmmen déi al Haiser géifen hei energetesch verbessern, op de leschte Stand setzen, wou se kéinten Energie spueren.

Ech mengen, mat esou engem Programm, wann een dat géif maachen, kéint een also dem Klima op d'Been hëllefen, et kéint een awer och e Programm fir déi national Economie, fir d'Handwerksbetriber lancéieren. Nei Aarbechtsplaze kéinte geschaf ginn, eng Expertise géif geschaf ginn, Know-how kéint geschaf ginn, d'Recherche kéint relancéiert ginn. Ech mengen, dass ass eng Illustratioun also, wéi kéint mat aktivem Klimaschutz...

► **M. le Président.** - Här Berger, erlaabt Der, dass den Här Oberweis lech eng Fro stellt?

► **M. Eugène Berger (DP).** - Ëmmer, Här President.

► **M. Marcel Oberweis (CSV), rapporteur.** - Här Berger, ech wollt lech eng Fro stellen, eng

ganz einfach. Dir sidd jo awer Zeie gi vun der Diskussioun ëm dee Klimapakt tëschent Gemengen a Stat. An et ass ee jo wierklech frou, dass mëttlerweile 60 Gemenge matmaachen an nach weider bäistoussen. An da kënnt dat zum Droen, wat Der dauernd elo sot hei, da kënnt a Gemengen a bei den Haushalter dobaussen déi Iwwerleung derbäi. Also, Dir wësst jo awer och, wat mer dobausse maachen?

► **M. Eugène Berger (DP).** - Här President, ech wëll net op de ganze Klimapakt agoen. Ech weess net, wéi vill Zäit ech hunn. Ech hunn dat awer scho viru Woche gesot. Beim Klimapakt gëtt 80% investéiert, fir Auditen ze maachen an Etüdebüroen an héchstens 20% kréien do d'Gemenge fir konkret Mesuren. Dat ass da bei de Gemengen.

#### (Brouhaha)

Natierlech sollen och d'Gemengen an de Stat mat engem gudden Beispill virgoen. Mir müssen awer erreechen, an dat ass d'Responsabilitéit, mir müssen awer erreechen, an dat ass d'Responsabilitéit vun der Regierung...

► **Une voix.** - Dat ass dach net wouer!

#### (Interruptions diverses)

► **M. Eugène Berger (DP).** - Här President, dass ass d'Responsabilitéit vun der Regierung, dass hei zu Lëtzebuerg all Stot sollt d'Méiglechkeet kréien, d'Geleeënheet kréien, fir dat ze maachen, an net iwwer e Klimapakt oder iwwert d'Gemengen iergendwou herno e kleng Subsid ze kréien. Dat ass net effizient.

Mir gesi jo, bis elo si ganz weineg Leit, déi dat hei zu Lëtzebuerg maachen. A firwat? Well et ass jo dann och ganz oft d'Fro vum Finanzement. An och do huet d'DP jo e Modell proposéiert, fir esou e Programm ze lancéieren. Mir soen, mat enger Klimabank, déi ebe just de Bierger alleguerten, de Bierger och an de Gemengen, wou kee Klimapakt ass, mä eng Klimabank, déi géif de Leit also Aarbechten (veuillez lire: Sanéierungsarbechten) virfinanzéieren. Dat ass jo de Problem! Et gëtt Leit, wann déi esou eppes wëlle maachen, wësse se, ech kréien iergendeng Kéier e kleng Subsid erëm, da fänke se guer net un, bis dass se dee Subsid hunn, well se müssen d'Sue virstrecken.

Eise Modell a kuerze Wierder: Dat ass jo, dass ee mat enger Klimabank de Leit dat virfinanzéiert. An herno, wann déi Aarbechten ofgeschloss sinn, sëtzen d'Leit an engem Haus, dass gutt energetesch sanéiert ass, spueren se all Joers Suen. A wann dann eigentlech mat „pay as you save“ alles dat, wat se un Energie spueren, mat deene Sue bezuele se dann dee Prêt, fir et emol esou ze formuléieren, vun der Klimabank zrëck. An hei hätt een nëmme Gewënner!

D'Stéit wiere Gewënner, well se géife Sue spueren herno laangfristeg, well se manner Energiekäschten hunn. D'Betriber, well se nei Aarbecht hätten. Den Aarbechtsmarché, nei Aarbechtsplaze géife geschaf ginn. D'Klima natierlech souwisou, well mer manner CO<sub>2</sub> an d'Luucht blösen. An och de Stat wier Gewënner. En hätt also keng Strofen oder misst net am Ausland deier Projeten dann erëm maache loosse. An e géif och mat senger Klimabank laangfristeg déi Sue jo erëm zrëckkréien. Et si jo nëmme geléinte Suen. Also, e géif souguer seng Sue vun der Klimabank erëmkreien.

Also, hei kann eigentlech nëmme jiddweree gewonnen, souwuel d'Ekologie wéi d'Economie. Einfach mengen Fro: Firwat mécht d'Regierung net esou e Programm? Firwat zitt se net esou e Programm zou? Mir haten eng Motioun virun, ech weess net méi, zwee oder dräi Joer hei déposéiert fir esou e Modell. Se war ugehall ginn...

#### (Interruption)

Se war ugehall ginn. Bis haut huet d'Regierung näischt an deem Domän gemaach.

► **Une voix.** - Très bien!

► **M. Eugène Berger (DP).** - Ech mengen, et ass ee Beispill vu villen, fir ze weisen, wéi hei zu Lëtzebuerg d'Défaillancé vun der Lëtzeburger Klimapolitik sinn. Et ass einfach esou, et ass eng Konklusioun, déi ee muss zéien. D'Regierung huet keng Strategie am Klimaschutz.

An och haut dee Projet, dee rett se och net. Wann een elo muss e Bilan zéien, ech soen emol e Bilan no véier Joer - méi salopp -, véier Joer Wiseler a Schank, dann ass et deen, dass Klimaschutz de Moment inexistent ass zu Lëtzebuerg.

► **Plusieurs voix.** - Ooohhh!

► **M. Eugène Berger (DP).** - All déi Chancen, déi den aktive Klimaschutz bitt, déi gëtt et net hei zu Lëtzebuerg. Mir hunn hei just e Klimapakt an deene leschte véier Joer gestëmmt. An, wéi gesot, do ass nach näischt geschitt an do ass d'Verantwortung just op d'Gemengen iwwerbruecht ginn. An och am Endeffekt ass dat just eppes, wou vill administrativ Aarbecht finanzéiert gëtt a soss weider näischt.



Här President, dëse Projet de loi, dat ass e bësse Sand an d'Ae gestreet, fir virzetäuschen, datt nach iergenddeppes wibbelt an der Lëtzeburger Klimaschutzpolitik. Et ass kee Bilan gemaach ginn aus dem éischten Allocatiounsplang. Et si keng Léieren dorauer gezu ginn. Et bleift ee komplett am Niwwel, wéi dann elo méi e konsequente, méi en effiziente zweeten Allocatiounsplang soll ausgesinn. Hei ginn da lediglech weider d'Betriber douce, ganz douce an d'Flicht geholl. Mä all déi aner relevant Secteure fir d'CO<sub>2</sub>-Emissiounen hei zu Lëtzebuerg, do ass guer kee Konzept, läit do guer kee Konzept vir.

Dëse Projet de loi ass an den Ae vun der DP keng Äntwert op d'Erausforderungen, wéi mer hei zu Lëtzebuerg konsequent Klimaschutz kéinte maachen an domat och fir eis national Economie nei Chancë kéinten opmaachen.

Dir hutt et verstanen: D'demokratesch Fraktioun, d'Demokratesch Partei, d'Fraktioun vun der Demokratescher Partei wäert dëse Projet net stëmmen.

Ech soen Iech Merci.

► **Une voix.** - Très bien!

► **M. le Président.** - Merci dem Här Berger. Als nächste Riedner ass den Här Negri agedroen. Här Negri, Dir hutt d'Wuert.

► **M. Roger Negri** (LSAP). - Merci, Här President. Dir Dammen an Dir Hären, als Éischt wëll ech dem Rapporteur Marcel Oberweis villmools Merci soe fir seng exzellente Rapporten, déi schréfflech wéi mëndlech. D'lescht Woch war erëm wéi all Joers eng Klimakonferenz, dëst Joer zu Doha, mam Haaptzil, en zweete Kyoto-Protokoll an d'Liewen ze ruffen.

E Minimalkompromëss als Resultat, wou mer, wéi esou oft, an enger Iwwergangsphas eis erëmfannen a wou just am Fong d'Europäesch Unioun an Australien sech bereet erkläert hunn, fir méi wäit ze goen. Déi grouss Industrie- a Schwellelänner sinn dergéint stur bliwwen an hunn de Problem, fir d'CO<sub>2</sub>-Emissiounen endlech effikass ze reduzéieren, einfach op spéider vertagt. De Kyoto-Protokoll ass bis elo dat eenzeg international bindend Instrument, dat mer zur Verfügung hunn, fir géint CO<sub>2</sub>-Ausstéiss ze steieren.

Den Usaz, de Kyoto-Protokoll ze verlängeren, ass sécher dat eenzeg Richtegt. Wat ze kucken elo bleift: Wéi vill Länner sinn awer elo nach bereet, an deem „Klimaboot“, wéi mer dat ëmmer esou schéin nennen, dodran ze bleiwen? Déi richteg Diskussioun wäert eréischt 2015 zu Paräis stattfannen, wou dann en neien Traité soll ënnerschrifwe ginn an och eréischt ab 2020, wéi den Här Rapporteur gesot huet, a Kraaft triede wäert.

Wat bis dohinner geschitt, ass nach net richteg gewosst a bleift eng Inconnue. An duerfir wollt ech hei och vläicht den Här Minister froen, dee jo och zu Doha dobäi war, ob en eis vläicht awer kéint e bësse méi Detailer ginn, wéi et souwuel an Europa, mä awer och wéi hei zu Lëtzebuerg et weidergoe soll.

Här President, d'Regierung huet an de leschte Joren e gudden Deel vun hiren Hausaufgabe gemaach. Dass 6% reduzéiert gi sinn, ass sécher wäit vum ugestrieten Zil ewech. Ech wëll awer och soen, dass mer tëschent 1990 an 2011 e groussen demografesche Wandel hei zu Lëtzebuerg erlieft hunn. Vlächst just e rationalen Zuelevéglach: 1990 hate mer hei zu Lëtzebuerg 35.300 Frontalieren an 2012 sinn et der 168.000, e Plus vu méi wéi 130.000 Leit, déi all Dag hei zu Lëtzebuerg, och an der Woch, mindestens eng Kéier tanken. Wat zwar gutt fir eis Statskeess ass, mä natierlech awer schlecht fir d'Klimabilanz.

(**Mme Lydia Mutsch prend la présidence.**)

Wat awer och weist, dass besonnesch am Ausbau vum öffentlichen Transport déi gréissten Efforten hei am Land ze maache sinn, fir d'CO<sub>2</sub>-Bilanz kënnen erofzedrécken. D'Referenzjoer vun 1990 ass deemno och kee Gradmesser méi, mä éischter 2005, well dat och dat éischt Joer ass, wou de System vun engem Plafonnement vun den CO<sub>2</sub>-Ausstéiss a Kraaft getrueden ass. Dat gëtt eis méi e korrekt Bild vun eiser Situatioun an den eigentlechen CO<sub>2</sub>-Aspuerungen, déi mer iwwert déi nächst Jore maache wäerten.

Wéi gesäit d'Strategie aus vun der Regierung? Wou läit nach Potenzial? A wat fir Beräicher besti Méiglechkeeten, fir nach méi CO<sub>2</sub> anzespueren? Wat erwaart sech de Minister mat der Applikatioun vun dem Aktiounsplang, op dee mer nach ëmmer waarden, Här Minister, an dem Klimapakt, dee mer jo viru Kuerzem hei an der Chamber gestëmmt hunn? An awéieren kann een dat elo scho quantifizéieren? - Dat sinn déi Froen, déi sech de Moment stellen, a wou ech de Minister och wollt froen, ob en herno dann dorop kéint eng Kéier agoen.

Och am Beräich vun den erneierbaren Energien, wou den Endkonsum bis 2020 bei 20% d'Regel soll ginn. Hei musse mer eis Ressourcen an eise Savoir-faire beschtméiglech nutzen, fir den Undeel ze erhéije respektiv der sougenannter „green economy“ en neien Elan ze ginn.

Dëst soll natierlech net op d'Käschte vun aneren Interesse goen. Besonnesch net, wann et ëm d'Nahrungsmëtzel geet. Dat ass eis ganz wichteg. Wéi mer wëssen, huet d'Europäesch Kommissioun eng Direktiv virbereet, wou am Kader vun de Strategie fir erneierbar Energien den Undeel u Biocarburant net méi 10%, mä just nach 5% vum Gesamtpackage duerstelle soll. Et ass nämlech keng Null-Prozent-CO<sub>2</sub>-Technologie a virun allem gräift se op d'Biens de première nécessité zréck. Wees an aner Liewensmëttele sinn do fir eis Ernährung, nom Motto: „Léiwer e vollen Teller wéi e vollen Tank.“

Hei wollt ech och dann den Här Minister froen, wéi wäit mer do mat dësen Diskussiounen dru sinn a wat dat fir Lëtzebuerg och kéint bedeuten, déi Emännerung, déi elo vu Bréissel aus komm ass.

En anere Prinzip vum Kyoto-Protokoll niewent den CO<sub>2</sub>-Emissionsrechter sinn déi flexibel - wéi och elo schonn ugeschwat ginn ass - Mechanismen. An deem Kontext muss ee virun allem ervirsträchen, dass eng ronn 83 Milliounen Euro fir Emissionsrechter vu Projekten am Ausland an aner Klimafongen agefloss sinn.

An och, wann dat prinzipiell Kyoto-konform ass, sinn déi CDM-Projekte keen Ersatz, fir CO<sub>2</sub>-Aspuerungen hei am Land net unzepaken. Hei wollt ech de Minister froen, wéi hien an dëser Fro gedenkt virunzefueren, besonnesch wann ee gesäit, wéi d'Präisser dovun um Marché sech entwéckelen.

Esou wéi de Rapporteur dat scho gesot huet, stëmme mir d'Transpositioun vun enger Direktiv, déi de System op aner Industriebranchen erweidert. Et ass och ze begrëssen, dass mir am Kader vun dëser Direktiv, wéi dat och scho gesot ginn ass, net méi 27 verschidden Aktiounspläng hunn, mä een eenheetleche Plafong gesat hunn. Also ee System, dee fir all Land d'selwecht gëllt, mat engem Reduzéierungszil vun 21% um Horizont 2020, an dat par rapport zum Joer - als Referenz - 2005.

Ech wëll net elo nach eng Kéier drop agoen, wat de Rapporteur scho gesot huet iwwert déi progressiv Mise aux enchères de Quoten, mä trotzdem nach eemol ervirsträiche vun der Méiglechkeet, déi kleng Betriber, déi manner wéi 25.000 Tonnen CO<sub>2</sub>-Ausstéiss pro Joer hunn, fir déi komplett ausserhalb vum Emissionsrechtssystem ze halen, ënnert der Konditioun, dass se aner Mesuren ënnerehuelen, fir eng equivalent CO<sub>2</sub>-Reduzéierung ze erreechen.

Och wann een dat aus ekonomeschen a Kompetitivitéitsgrënn novollzéie kann, stellt esou eng Méiglechkeet eng Rei vu Froen, awéiwäit een dat genau kontrolléiere kéint. Dëst hätt sécher net, an dat huet de Rapporteur och scho gesot, zur Simplification administrative gefouert. An duerfir war et sënnvoll, dass mir dëst an der Kommissioun fale gelooss hunn.

Dësen neien Text stellt och eng kleng Verbesserung duer an der Ëmverdeelung vun den Emissionsrechter. Bis elo ware se gratis. All Betrib kritt e gewëssene Montant zougesprach. Den Iwwerfluss kann entweder erëm zréck op de Marché verkaaft respektiv als Reserv bäibehale ginn.

Dëse Prinzip gëtt elo méi streng a wäert hofentlech dozou bäidroen, méiglech Abusen ze verhënneren. Abusen och wéi deen, deen an Däitschland virun zwee Joer grouss erauskomm ass am Kader vu Steierhannerzéiung a Geldwäsch. Dëser Deeg nach gouf d'Zentral vun der Deutsche Bank op en Neits duerchsicht. 25 Mataarbechter stinn am Viséier, an de Schmu geet iwwer 230 Milliounen eraus. D'Emissionszertifikater waren am Ausland ëmsazsteierfräi kaaft ginn an zu engem gudden Präis du weiderverkauft ginn. D'Ëmsazsteier dovunner ass duerno awer als Remboursement zréckgefrot ginn. Dat si Spillereien, déi vis-à-vis vun Steierzueler, mengen ech, net tolerabel sinn, a wou mir eng kloer an transparent Linn brauchen, fir deem entgéintzewierken.

Wa mir an deem Kontext nach eemol op d'Zuelen hei zu Lëtzebuerg kucken, hu mir en Total zegutt vun 12.441.525 Tonnen, fir genau ze sinn, CO<sub>2</sub>-Emissionsrechter iwwert d'Period 2008 bis 2012, déi sech dann op zéng Betriber verdeelen. An der Siderurgie hu mir en Accord, Lux 2016, wou engersäits d'Restrukturatioun vun de Rodanger a Schëfflenger Siten an anerersäits d'Modernisatioun vum Standuert Esch/Belval duerch nei Investissementer ugekuerbelt gi sollen.

Et bleift ze hoffen, dass dës Engagementer och honoréiert ginn an dass mer an der Tripartite e

genaue Bilan zéien, wat genau ëmgesat ginn ass a wat net. Et gëtt engem schonn ze denken, dass ArcelorMittal duerch hir Emissionsrechter gewaltig Zommen agesammelt hunn, Gelder, déi vun der Öffentlechkeet finanziert gi sinn, an dat op Wierker, déi net zu honnert Prozent dréie respektiv de Moment komplett zou sinn!

Déi Diskussiounen hate mer och schonn e bëssen éischter am Joer. Mä et bleift nach ëmmer onkloer, wat mat deene Sue geschitt, déi als Emissionsrechter an d'Keesen erafléissen. Duerch de Verkauf an den Invest op der Bourse vun engem Deel vun deene Rechter soll de Groupe ArcelorMittal tëschent 2008 an 2011 eng ronn 250 Milliounen Euro akasséiert hunn.

(**Interruption**)

Eleng fir de Standuert Schëffleng fuerdert ArcelorMittal eng 86.000 Tonnen Emissionsrechter, wou de Präis momentan bei jeeweils tëschent fënnf a siven Euro d'Tonn läit. Dat sinn zesummen ëm déi 430.000 Euro.

Dat ass en Apport, deen net négligeabel ass, wann een Ëmstrukturéierungspläng virhuet. De Sënn an Zweck vun dësen Emissionsrechter sinn et, weider nohalteg Investissementer ze maachen. A genau dat soll och hei gemaach ginn. Duerfir wëll ech och hei den Här Minister froen, wéi e gedenkt a puncto Emissionsrechter fir Rodange a Schëffleng mat ArcelorMittal dat auszuhandelen.

Madame Presidentin, ofschléissend wëll ech soen, dass mer heiheem weider eis Hausaufgaben a Saachen CO<sub>2</sub>-Reduktioun maache mussen an awer och zesumme mat eisen europäesche Kolleegen e groussen Défi virun eis hunn, wou mer hoffentlech net op en neie Protokoll waarden, fir weiderhi konstruktiv Efforten an der Reduktioun vun den CO<sub>2</sub>-Emissiounen ze maachen.

Domat ginn ech den Accord vu menger Fraktioun zu dësem Projet de loi a soen Iech Merci fir d'Nolauschteren.

► **Plusieurs voix.** - Très bien!

► **Mme la Présidente.** - Merci, Här Negri. Den nächsten agedroene Riedner ass den Här Gira. Dir hutt d'Wuert, Här Gira.

► **M. Camille Gira** (déi gréng). - Madame Presidentin, Dir Dammen an Dir Hären, ech géif mer erlaben, emol eng Kéier mat enger Zeechnung meng Interventioun unzefänken. Dir gesitt hei eng Karikatur aus enger däitscher Illustrierter zum Thema, wat mer elo beschwätzen. Hei steet, hei gesitt Der e Bankiwerfall. An de Bankbeamte gëtt d'Suen eraus an e seet: „Ein schmutziger Deal mit CO<sub>2</sub>-Zertifikaten bringt mehr als tausend Banküberfälle. Unsere Experten beraten Sie gerne.“ An ënnen-drënner steet: „Tipps von der Deutschen Bank“.

Madame Presidentin, Dir Dammen an Dir Hären, déi Zeechnung do resuméiert méi wéi dausend Wierder, wat aus dem europäeschen ETS-System ginn ass, nämlech eng Karikatur vun deem, wat et einfach sollt sinn. Aus engem Instrument, fir de Klima ze schützen, ass eng Gelddréckmaschinn fir Multinationale ginn!

Dobäi war jo eigentlech d'Grondiddi vun deem System net esou schlecht. D'Iddi war jo folgend: Mir leeën e Maximum vun Emissionen fir eng Rei industriell Betriber fest. An Europa sinn et eng 11.000 ongeféier. Mir schafen do ënnendrënner e Maart, fir mat CO<sub>2</sub>-Emissionsrechter ze handelen. An da kritt jo iergendwéi eng Kéier, war d'Hoffnung, all Tonn CO<sub>2</sub> e Präis. An da war jo dat, wat gerechent gi war, dass d'Investissementer géifen do gemaach ginn, wou se am effizienteste wieren an d'Reduktioun am effikassest wier an domat d'Investissement och am bëlleegsten.

De Problem, Madame Presidentin, Dir Dammen an Dir Hären, ass awer, dass de System steet a fält mat der richteger Festleegung vun Maximum vun den Emissionsrechter, déi awer op de Maart gehäit si ginn. An do hu souwuel d'EU-Kommissioun, muss ee soen, mä virun allem all eenzel europäesch Regierung versot an op den Drock vun den Industrielobbyen hu se d'Allocatiounen fir déi eenzel Betriber vill ze héich festgesat.

D'Resultat: De Präis vun der Tonn CO<sub>2</sub> ass agebrach, fir net ze soen, huet sech eigentlech net do etabléiert, wou eigentlech gerechent gi war. Et war eigentlech geduecht, dass mer op e Präis vun 30 Euro pro Tonn CO<sub>2</sub> géife kommen. Dat géif wierklech eng ganz Rei Investissementer mat sech bréngen. Do fänkt et un, fir eng ganz Rei industriell Betriber, sech ze rentéieren, well dann d'Investissementer eigentlech méi Profit ofbréngen, wéi wa se weider CO<sub>2</sub> emettéieren.

Mir waren du séier bei engem Montant vun zéng bis zwielef Euro pro Tonn. Du koud nach d'Kris derbäi, dat ass richteg. Natierlech huet och d'Kris derzou bäigedroen, dass d'Iwwerallocatiounen - déi awer schonn do waren, wëll

ech betounen -, dass déi dunne nach méi grouss gi sinn. Sou dass mer am Juli dëst Joer eigentlech nach just ware bei engem Präis tëschent sechs an aacht Euro pro Tonn CO<sub>2</sub>.

Resultat: Amplaz dass d'Industrien ënnert dem Drock vum ETS-System zu Investissementer an Energiespueren ugehele wiere ginn, hu se eigentlech massiv Gewënner agefuer, an de Virriedner Roger Negri huet jo schonn hei gesot, wat ArcelorMittal zu Lëtzebuerg verdéngt huet. Et zirkuléiere Chiffere vun e puer honnert Milliounen Euro, déi Arcelor an Europa eleng mat deem do System verdéngt huet.

An d'Situatioun war am Juli eigentlech esou dramatesch, dass ee Moment d'Klimakommissarin, d'Connie Hedegaard, e Virschlag gemaach hat, fir dee Marché ze stabiliséieren. An zwar huet se gesot, wann déi drëtt Period den 1. Januar 2013 ufänkt, da gi mer net all déi Allocatiounen, déi nach doruechter sinn, op de Marché a versteeën déi, neen, ronn 10% hale mer an a geheien déi vlächst eréischt 2014, 2015, 2016 op de Maart. Déi, déi den Dossier e bësse suivéieren, hate matkritt, dass d'Madame Hedegaard net ganz wäit komm war. Ganz séier war Oppositioun vu Polen do, vun aneren osteuropäesche Länner, déi nach vill méi Iwwerallocatiounen hu wéi anerer. An et huet een net méi ganz vill hiéiere vun der Madame Hedegaard hirer Propositioun.

Mam Resultat, léif Presidentin, Kolleegen a Kolleeginnen, dass mer haut 1,4 Milliarden Tonnen CO<sub>2</sub> ze vill um Marché hunn.

An duerfir ass fir eis als Gréng och de Knackpunkt vun dëser Direktiv a vun dësem Gesetz, dass et elo méiglech ass, déi Allocatiounen, jo, déi Iwwerallocatiounen aus der zweeten Period an déi drëtt Period mat eranzehuelen. Da kënn Der Iech jo virstellen, wa schonn um Ufank vun der Period 1,4 Milliarden Tonnen CO<sub>2</sub> ze vill um Marché sinn, wou dann de Präis gehandelt gëtt. Et gëtt Experten, déi soen, dass nom Januar de Marché wäert total zesummebréchen an dass dat praktesch d'Enn vun System ass, an eigentlech kéint een den ETS-System, esou wéi en elo opgestallt ass, praktesch ofschafen. Dem Klima géif et sécherlech haut net schlechter goen, wann en esou net agefouert gi wier. An zumindest hätte mer net och nach parallel Milliarden Cadeauen u multinational Gesellschaften ze maachen.

An duerfir kënn Der Iech och, Madame Presidentin, virstellen, dass déi gréng dëse Projet net wäerte stëmmen.

Mir stëmmen en awer och net, well zu Lëtzebuerg genau datselwecht awer geschitt ass. Elo hätt een déi Iwwerallocatiounen jo och nach kënnen verstoen, wann een do direkt hätt misse voll dee System aféieren. Dat war awer net esou! Duerfir war jo genau déi Proufperiod, wann ech dat emol esou ka soen, déi éischt Period tëschent 2005 an 2007 war jo agefouert ginn. Do hate jo awer all Regierung an och déi Lëtzeburgeresch Regierung Zäit, dräi Joer ze kucken, wou mer dann dru sinn, ob déi Zuelen, déi se am Virfeld beim éischten Allocatiounsplang vun eenzelne Betriber kritt hätt, ob déi dann och der Realitéit géifen entsprechen.

An ech kéint Iech, Madame Presidentin, ee ganzen Dossier matbréngen, wou déi gréng vun Ufank un drop opmierksam gemaach hunn, dass praktesch all Betriber, an net nëmmen d'Arcelorsbetriber, Iwwerallocatiounen kritt hunn. Mir hunn x Questions parlementaires gestallt. Mir hunn déi jeeweileg responsabel Ministeren x-mol a Kommissiounen geruff an hunn ëmmer drop opmierksam gemaach a gesot: „Dir maacht hei näischt fir de Klimaschutz, mä Dir verdeelt hei Cadeauen un d'Lëtzeburger Industrie.“

Komescherweis huet keen drop reagéiert. Obwuel een direkt konnt gesinn am éischte Joer - an, Madame Presidentin, Dir Dammen an Dir Hären, do konnt een nach net d'Excuse vun der Kris huelen, ech mengen, dass am Joer 2008 déi meescht Industrien zu Lëtzebuerg nach relativ voll gedréit hunn -, am Joer 2008 konnt ee schonn 20% Iwwerallocatioun feststellen.

An eréischt, wéi virauszegesi war, dass den Här Mittal elo awer nach e bësse méi géif iwwerdriewen an eventuell Schëffleng a Rodange géif zoumaachen an awer eventuell Allocatiounen kréien, dunne huet dann och d'CSV de Sujet endlech entdeckt.

Mä, Dir Dammen an Dir Hären, vun der CSV, net nëmmen den Här Mittal huet vun Iech an dem Koalitionspartner hei riseg Cadeau gemaach kritt. Dir hutt iwwer véier, fënnf Joer laang der ganzer Industrie hei matzen an der Kris Cadeau gemaach. An déi gréng fannen



dat net gerecht. An duerfir hate mir jo viru Kuerzem och en Essai gemaach a gesot, wa mer do elo festgestallt hunn, dass déi Betriber, déi déi meeschten Energie konsuméieren, de meeschte Stroum an och aner Energien, wann déi elo schonn op där enger Sait e Cadeau kritt hunn, da kommt, mir huelen hinne weinstens deem anere Cadeau ewech, nämlech, dass se praktesch näischt derzou bäidroen, fir an de Fonds de compensation ze bezuelen, fir dass mer mat deene Sue kéinten eppes maache fir déi alternativ Energien.

An do muss ech soen, och do ware mer als Gréng séier och beim neie Wirtschaftsminister op daf Ouere gefall, mä awer och bei der CSV, déi op där enger Sait sécherlech da mam Fanger drop weist, dass den Här Mittal elo e Cadeau kritt, mä da wier jo déi logesch Konsequenz gewiescht, dass een zumindest deem anere Cadeau erëm ewechgeholl hätt. Och do ass näischt geschitt.

Wat ass geschitt? Mir senken d'Tariffer op den 1. Januar an deene meeschte Beräicher vun den alternativen Energien. Et ass net méi méiglech, iwwerhaapt nach e Subsid ze kréie fir Installatiounen iwwer 30 kWh. Dobäi kënnen eng Rei Buergermeeschteren an Députés-maires soen, dass eigentlech do eréischt eng richteg Dynamik entstanen ass. Et ass e Modell, vun deem ech an aller Bescheidenheet ka soen, dass mer deem an eiser Gemeng dévoppéiert hunn, an Tëschenzäit praktesch an alle Gemengen a bei alle Bierger a Biergerinnen Zousproch fannen, wou eigentlech all Konsument an all Konsumentin vu Lëtzebuerg an deenen nächsten zéng, fofzéng Joer d'Chance hätt, net nëmme Stroum ze konsuméieren, mä d'Equivalenz vun deem, wat e brauch, selwer ze produzéieren. Do geheie mer elo erëm eng Brems an. An ech kann dem Eugène Berger nëmme recht ginn, wann e seet: „Wéini entdecker mer och zu Lëtzebuerg, dass Klimaschutz keng Bürd ass? Dass dat keng Gefor ass, mä dass et eng riseg Chance ass?“

An ech géif lech emol alleguerten un d'Häerz leeën: Familiariséiert lech ganz e bësse mat der Situatioun an Däitschland. Well wann Däitschland haut esou gutt dosteet ekonomesch, dann huet dat ënner anerem och dermat ze dinn, well déi déi berühmten Energiewend scho längst ageleet hunn, well se Honnerttausenden Aarbechtsplazen an deem Beräich schafen. A wann hir Handelsbilanz wesentlech besser ass wéi déi vu villen aneren europäesche Länner, dann huet dat och dermat ze dinn, dass se ëmmer méi a méi Stroum an och Hëtzt selwer produzéieren an net mussen aféieren.

Et huet e grénge Kolleeg am Europaparlament am Kader vun der Defizitkris an Europa eng Etüd maache gelooss vun Ekonomisten, an do kennt natierlech eng relativ kloer Korrelatioun vun de Statsdefiziter mat dem Import vu fossilen Energieträger eran.

Ech ka mech ëmmer nëmme wonneren, wann hei geklot gëtt a gesot gëtt: „Jo, d'T-Shirte kommen aus China, aner Saache kommen aus China.“, an amplaz d'Sonn, déi mer gratis kréien, amplaz de Wand, dee mer gratis hunn, amplaz den Département des forêts emol erëm ausenotzen, andeem mer Biomassinstallatiounen maachen, kafe mer monter Gas beim Här Putin a Pétrol bei de Katarer, an da wonnere mir eis, dass eis Balance commerciale net gutt dosteet. An da wier et, geet et vläicht net duer, den Här Altmeier op e Colloque ze invitéieren. Da mist een och duerno, wann een an der Regierungsverantwortung ass, konsequent dat maachen, wat Däitschland mécht, an dann zu Lëtzebuerg och endlech d'Energiewend aféieren.

Här President, Madame Presidentin - pardon -, Dir Dammen an Dir Hären, dat alles geschitt net hei.

Ech hunn e bëssen eng aner Meinung wéi den Här Berger, wat de Klimapakt ugeet. Ech menge schonn, dass dat sënnavoll ass, dass och Beispiller do sinn, dass a Gemenge vill geschitt. Nach brauche mer do ronderëm an driwwer Rahmbedéngungen, déi awer nëmmen eng Regierung ka setzen.

Wa mer keng ekologesch Steuerreform maachen, wa mer nach ëmmer de Pétrol wesentlech méi bëlleg verkäfe wéi an den Nopeschlänner, da brauche mer eis net ze wonneren, dass déi beschte Stroossen a ganz Europa mat deene meeschten SUVe befuer ginn. Ech mengen, d'Gemenge kënnen villen maachen, mä Steuerpolitik, Akzisepolitik, do ass all Gemeng d'Hand gebonnen an do mussen endlech Neel mat Käpp komme vun der Regierung.

► **Une voix.**- Très bien!

► **M. Camille Gira (déi gréng).**- Wat mir och net verstinn, dass gemengt gëtt, wann een elo kënschtlech iwwert de Fonds de compensation d'Elektrizitéit géif niddreg halen, dass een dann ArcelorMittal an aner Betriber hei hält. Mir hu jo elo erlieft hautno, mä och an der Noperschaft zu Florange, mat wat dass déi Décisiounen geholl ginn. Do si ganz aner Facteuren, déi spillen. Natierlech kann een d'Energie net onendlech an d'Héicht goe loossen. Mä Dir musst jo net gleewen, dass de Stroumpräis wäert dozou bäidroen fir dem Här Mittal seng Décisioun, ob en nach jeemools eng Kéier hei zu Schëffleng oder Rodange erëm e Wierk opmécht. Do si ganz aner Saachen, déi falen.

An eigentlech hate mer eng flott Diskussioun kritt och an der Kommissioun, wou den Här Oberweis ee Moment eppes opgeworf hat iwwert d'Désindustrialiséierung an hien awer selwer d'Chifferen op den Dësch geluecht huet a gesot huet, dass an Däitschland awer nach ongeféier 30% vum PIB duerch d'Industrie hiergestallt gëtt, a Frankräich awer, mengen ech, knapp d'Halschent, wa meng Chiffere richteg sinn.

Elo froen ech lech awer, Madame Presidentin, Dir Dammen an Dir Hären: Wéi ass dann d'Situatioun mam Stroum? Wéi erkläert Der lech dann, dass an deem Land, wou jo anscheinend esou ganz deieren alternative Stroum do ass, dee vu Sonn a Wand hiergestallt gëtt, do et méiglech ass, dass nach 30% vum PIB vun Industrie gemaach ginn, an an deem Land, wat sech zënter 40 Joer brett, dass et mat sengem Atomstroum awer wierklech en Avantage concurrentiel fir seng Industrie hierstellt, dass do nach knapps 15% vum PIB iwwer Industrie hiergestallt gëtt?

Do gesi mer, dass dat eigentlech just Lobbyaarbecht ass, dass dat Drockmëttel si vun de Multinationalen, fir an alle Facteuren d'Präisser erofzedrécken, fir keng Responsabilitéit ze huelen, fir Klimaschutz ze maachen.

Wéini si mer endlech esou wäit, dass mer ophalen, deene Multinationalen do op de Laim ze goen, an eis net méi erpresse loossen? A wéini versti mer, Madame Presidentin, Dir Dammen an Dir Hären, dass op engem doudege Planéit et och keng Aarbechtsplaze méi gëtt?

Ech soen lech Merci fir d'Nolauschteren.

► **Plusieurs voix.**- Très bien!

► **Mme la Présidente.**- Merci, Här Gira. Den nächsten a leschten agedroene Riedner ass den honorabelen Här Colombero.

► **M. Jean Colombero (ADR).**- Merci, Madame Presidentin.

► **Mme la Présidente.**- Dir hutt d'Wuert, Här Colombero.

► **M. Jean Colombero (ADR).**- Ech maachen et ganz schnell. Dëse Modell ass definitiv gescheitert an et wär besser, wann en net géif existéieren. Et ass ee kapitalistesche Konstrukt, wou ganz vill Firmen ze vill verdéngen an op där anerer Sait aner Firms verléieren. An et geet natierlech wéi ëmmer ëm d'Question vun den Aarbechtsplazen: Do gi vill Aarbechtsplaze verluer.

Mir sinn der Meinung, dass mer déi Suen alleguerten notzvoll kéinte gebrauchen, fir hei am Land eis Betriber ze ënnerstëtzen, eis Stéit ze ënnerstëtzen, dann hätte mer ganz villes gemaach. Mir géife ganz vill Aarbechtsplaze kreéieren. Mä mat dësem System ass dat doten net méiglech. An duerfir wäerte mer dëse Projet net ënnerstëtzen.

Merci.

► **Mme la Présidente.**- Merci, Här Colombero. Domat ass d'Riednerlëscht ofgeschloss an d'Regierung huet d'Wuert.

► **M. Marco Schank, Ministre délégué au Développement durable et aux Infrastructures.**- Här President... Madame, Dir Dammen an Dir Hären, ech wollt ganz um Ufank dem Rapporteur Merci soe fir säi gewinnt detaillierte Rapport, schréfflech a mëndlech. Dat mécht mir et méi einfach, ech brauch net an den Detail vum Projet anzegoen. Dat spuert eis Zäit. Ech kann also Saache soen, déi mer elo méi wesentlech erschéngen.

(**M. Laurent Mosar reprend la présidence.**)

Ech wëll awer och op d'Direktiv zrëckkommen, déi mer haut ëmsetzen. Dat ass jo eigentlech de Sujet vun eisen Diskussiounen haut. An déi Direktiv, op där de Projet de loi fousst, deem der Chamber zum Vote virläit, ass eng vun den Haaptmoossnamen aus dem Paquet Klima an Energie aus dem Joer 2009, dee geduecht ass, datt d'EU et fäerdegbréngt, fir hir Klima- an Energieziler am Joer 2020 ze erreechen. Dat sinn déi sougenannt dräimol 20%-Ziler: 20% manner Zäregase par rapport zu 1990, 20% vum Energiekonsum aus erneierbaren Energien an 20% Verbesserung vun der Energieeffizienz.

Dorobber dann och grefféiert niewent der Direktiv vum Emissionshandel d'Direktiv iwwer erneierbar Energien, wou Lëtzebuerg een Zil huet vun 11% respektiv 20% Emissionen par rapport zu 2005 erofzesetzen.

Et ass gesot gi vum Rapporteur, datt dëse Projet effektiv den Emissionshandel relativ wesentlich reforméiert. Dat ass, mengen ech, ee ganz wichtige Aspekt. Ech soe just ee Saz dozou: Datt de System vun der drëtter Phas, déi d'nächst Joer ugeet, datt dee System méi restriktiv an deemno och méi effikass gëtt, wesentlich méi effikass gëtt, well elo eng EU-wäit gesamt Energieuwegrenz gëllt mat bal zwou Milliarden Tonnen CO<sub>2</sub> - 1,97, fir prezis ze sinn. An dës Quantitéit gëtt all Joers ëm 1,74% erofgesat, fir datt mer am Joer 2020 nach just 79% vun den Emissionen ausstousse par rapport zum Joer 2005.

A virdrun ass et richteg, och d'EU huet geléiert aus där zweeter Phas, well dee Moment d'Memberstate mat deenen nationalen Allocationspläng natierlech e gewëssene Spillraum haten an och mat all deene Konsequenze wéi Wettbewerbsverzerrung an esou weider, déi do gespillt hunn. An ech soen awer och nach eppes zu deem, wat de Camille Gira opgeworf huet, zu den Iwwerallocationen, wou mir als Lëtzebuerg ganz gutt dostinn. Ech hat d'Zuelen iwwregens an der Chamberskommissioun genannt.

(**Interruption**)

Jo bein, et muss ee sech awer och kënnen vergläichen, et muss ee sech och kënnen vergläichen! An 2006, wéi dat opgestallt ginn ass, huet, mengen ech, deemools och kee kënnen soen, datt mer eng Kris hätte respektiv wéi déi eenzel Länner och an deene verschiddene Secteure reagéiert hunn.

Doriwwer eraus gëtt et och CO<sub>2</sub>-Emissionsgrenzen. Ech mengen, dat ass och wichtig fir d'Produktioun vun eenzelne Produkter, wéi beispillsweis Zement oder Stol. Pro Kilo Stol dierfen an Zukunft nach just 328 g CO<sub>2</sub> an d'Atmosphär entwäichen; dat als Beispill.

Dann huet de Rapporteur och de Prinzip vun dem Versteëe presentéiert. Do brauch ech net weider drop anzegoen. Dat Eenzegt, wat vläicht nach interessant ass, datt et eng Ausnahm gëtt zum allgemenge Prinzip vum Versteëe fir déi Secteuren, wou eben e Risque de fuites de carbone besteet, dat heescht, wou de System enger weltwäiter Konkurrenz ausgesat gëtt. An dorënner fällt eben och d'Stolproduktioun.

Wat nach wesentlich ass, dat ass, datt déi Quote jo och unhand vu Benchmarks, sougenannte Référentiell fixéiert ginn, dat heescht, um europäeschen Niveau festgeluecht goufen. En attendant natierlech, datt eng Kéier e globalen Accord kennt. An déi Benchmarks, déi entsprechen an der Regel deenen 10% vu Betriber aus deene jeeweilege Secteure mat deenen niddregsten Emissionen. Dat heescht, déi Entrepreneuren, déi mat deene beschtmögliche Technologie schaffen. Dat heescht, dat sinn déi effizientst Betriber. An doraus sinn awer och déi Benchmarks entstanen.

Konkret falen zu Lëtzebuerg 20 Installatiounen ënnert den Emissionshandelssystem. A Fakt ass effektiv dat, wat scho virdrun opgeworf ginn ass, datt et e groussen Iwwerschoss vu Quote gëtt, déi déi eenzel Betriber aus der zweeter Phas mat an déi drëtt Phas, dat heescht 2013, dierfen huelen. Mä dësen Iwwerschoss fällt natierlech ganz ënnerschiddlech aus vun engem Memberstat vis-à-vis vun deem aneren. An déi 13 Lëtzeburger Installatiounen hunn tëschent 2008 an 2011 insgesamt 13,7% manner CO<sub>2</sub> emittéiert wéi se Quote kruten. Ech hu virdrun gesot, an anere Länner ass dat wesentlich méi. Just fir dat eng Kéier kënnen ze vergläichen.

Et kann een also net behaupten, deem zweeten nationalen Allocationsplang 2006, dee wier schlecht oder stümperhaft élaboréiert ginn an deem hätt der Industrie onnéideg Quote ginn. Dat Ganz ass deemools mam Fraunhofer Institut op Basis vun deenen Donnéeën gemaach ginn, déi an deem Moment zur Verfügung stoungen, an eben am Kontext vun de Produktionscapacitéite vun de Betriber.

An ech wëll awer do déi zwee Beispiller dann nach eng Kéier soen. Ech hunn et an der Kommissioun gemaach. Wann een elo nëmmen d'Industrien hält ouni Stroumproduktioun: Lëtzebuerg minus 14,90; d'Belsch minus 32,50; Frankräich minus 46,30.

An am Stolsecteur ass et nach méi frappant: Do ass Lëtzebuerg minus 28,6; d'Belsch scho minus 53%; Frankräich minus 84; Däitschland minus 46. Just fir dat eng Kéier gesot ze hunn, datt mir an deem Vergleich ganz gutt dostinn.

Da wollt ech vläicht nach ee Saz soen, dat, wat ech virdrun schonn ernimmt hunn, datt et Fakt ass, datt EU-wäit mer e groussen Iwwerschoss

hu vu Quoten an datt an deemselwechten Zusammenhang d'Kommissioun deem Iwwerschoss op annerhalfe Milliarden Quoten also am Joer 2013, dat ass d'Enn vun der zweeter Phas, chiffriert. An dat huet natierlech en Afloss op de Präis vun der Tonn. Deen ass relativ staark gefall op mëttlerweil tëschent fënnf a siwen Euro d'Tonn. A selbstverständlech riskéiert do duerch den Haaptreiz vum System, deem, fir a méi effizient Technologien ze investéieren, datt deem zum Deel verluer geet. An d'Europäesch Kommissioun huet och dorop reagéiert, andeems se proposéiert, fir d'Quantitéit vu Quoten, déi an deene Joren 2013 bis 2015 solle versteet ginn, ëm 900 Milliounen Unitéiten ze kieren, an dëse Volume dann nees an de Joren 2019 an 2020 op de Marché ze bréngen.

Dës Proposition, déi wäert ënnert der irescher Présidence an deenen nächste sechs Méint am Conseil an awer och am EU-Parlament diskutéiert ginn. A prinzipiell schéngen och déi meescht Memberlänner déi Initiativ ze ënnerstëtzen, ausser Polen an dat eent oder anert osteuropäesch Land.

Dëse sougenannte „backloading“ kann awer an eisen Aen nëmmen als eng eemoleg a kuerzfristeg Moossnam ugesi ginn. An d'Kommissioun huet duerfir och schonn ee Rapport virgeluecht, wou ee probéiert, méi strukturell un déi Problematik erunzegoen.

Et ass kloer, et geet drëm, fir engersäits ee robusten Emissionshandelssystem ze schafe mat Ureiz fir d'Betriber, datt se a méi effizient Technologien investéieren, an anersäits eben och fir ze verhënneren, datt et zu Delokalisatiounen kennt vun Industrien a Länner, wou manner héich Ëmwelt- an och Sozialstandarde gëllen.

An deem Kontext schéngt et mer och wichtig, datt mer et fäerdegbréngen, och der Industrie do méi laangfristeg eng Perspektiv ze bidden iwwer 2020 eraus. Dat ass bis elo iwwerhaapt net de Fall.

Gutt, ech wollt dann och nach ee Wuert soen zu enger vun de Froen. Ech hunn op dëser Plaz - ech mengen, et war am Mee, de 15. Mee - gesot, am Kontext vun ArcelorMittal Schëffleng, sollt et am Laf vun dësem Joer esou sinn, datt zu Schëffleng keng Produktioun méi stattfënn, da géife mer déi ronn 81.000 Tonne Quoten zrëckfroen. Mir si mëttlerweil Enn Dezember an ech hunn effektiv gëschter oder virgëschter d'Prozedur lancéiert, fir dës Quoten zrëckzefroen.

► **Plusieurs voix.**- Très bien!

► **M. Marco Schank, Ministre délégué au Développement durable et aux Infrastructures.**- Da wollt ech awer nach e puer Saache soen zu eiser nationaler Klimaschutzpolitik, well ech net d'accord sinn, wann hei gesot gëtt, d'Regierung an och Wiseler/Schank, déi wieren net beméit gewiescht an hätten am Klimaschutzberäich näischt erreecht. Dat ass net nëmmen net richteg. Ech wëll och do gären e puer Beispiller ginn, déi weisen, datt do eng ganz Partie Saache passéiert sinn. An ech wollt do zéng Punkten eraushiewen, wou der dobäi sinn, déi ëmgesat sinn.

► **M. le Président.**- Erlaabt Der, datt den Här Berger...

► **M. Marco Schank, Ministre délégué au Développement durable et aux Infrastructures.**- Yes.

► **M. le Président.**-...lech eng kuerz Fro stell?

► **M. Marco Schank, Ministre délégué au Développement durable et aux Infrastructures.**- Yes.

► **M. Eugène Berger (DP).**- Jo, Här President, ech hat dat virdrun gesot an och illustréiert. Ech wollt just de Minister froen, ob en och vläicht eng Kéier am „d'Lëtzeburger Land“ virun zwou, dräi Woche gelies huet den Artikel „So what?“? Do huet eigentlech e Journalist, deem Expert ass an deem Domän, genau dëselwecht Konklusiounen gezu wéi ech haut de Mëtteg. Ech hunn eigentlech nëmme paraphraséiert, wat do gesot ginn ass an de Konklusiounen.

► **M. Marco Schank, Ministre délégué au Développement durable et aux Infrastructures.**- Och wat an den Zeitungen steet, ass net ëmmer richteg. An ech muss och dem Här Feist, ech kann dem Här Feist do leider net recht ginn, wëll ech soen.

Ech wëll lech einfach e puer Saache soen, wat dës Regierung gemaach huet, och an der Kontinuitéit vu mengem engem Menge Virgänger - wann ech dierf dat soen, Här Berger.

(**Hilarité et interruption**)

Fir d'Éischt emol wëll ech eppes zum Partenariat soen. Dat hunn ech och schonn haart do-bausse gesot - den Här Feist wousst dat net -, mir wäerten d'Partenariat përenniséieren, a virun dem leschte Januar, also virum 31. Januar 2013 wäert um Dësch vun der Regierung ee Projet leien, fir d'Gesetz vun 2004 iwwert den



Développement durable ze adaptéieren, fir datt mer d'Méiglechkeet kréien, fir d'Partenariat, also d'Abzeiung vun der Zivilgesellschaft, vun de Gemengen, vun de Gewerkschaften, vun der Chamber, fir dat do festzehalen, wat mer versprach haten. An dee Projet ass fäerdeg. Dat heescht, dee wäert dann Enn Januar um Dësch vum Conseil de Gouvernement leien.

Dann, en anere Punkt ass de Klimapakt, dat ass scho gesot ginn. Ech ginn net weider do drop an. Ech denken och, datt d'Gemeng Réiser wäert matmaachen. An ech wëll och dem Här Berger soen, datt a puncto Albausanéierung do enorm vill dran ass. An ech weess elo schonn eng Partie Gemengen, déi mir gesot hunn, an et sinn der ganz vill, déi matmaachen, et brauch een nëmmen d'Zeitung opzemaachen an ze liesen am Kontext vun de Gemengerots-berichter, där et der elo jo ganz vill gëtt, ech wëll soen, do hu Gemengen mir gesot: „Ma, mir maache Projete spezifesch an der Albausanéierung, wou mer soen, déi éischt zéng, déi éischt 20, déi éischt 30 oder méi, do betreie mir d'Leit speziell an deem Kontext.“

An da wëll ech soen: Albausanéierung. Mir hunn en neie Régime d'aides op de Wee bruecht, wou spezifesch d'Albausanéierung eng ganz wichteg Roll spillt. Just fir lech e Beispill ze ginn. Wann een alles cumuléiert, wann een eng Albausanéierung mécht, da kann ee bis op 45.000 Euro kommen. Ech wëll dat just eng Kéier soen. A mir sinn amgaangen, och eng breet Campagne ze maachen.

A wa mer scho bei der Albausanéierung sinn, da wëll ech och e Projet soen oder eng Mesure, déi mer an de Projet vun den Aides au logement... (veuillez lire: intégrer). Dat Gesetz vun '79 gëtt adaptéiert a wäerte mer vum 1. Mäerz um Dësch vun der Regierung hunn. Dat ass e ganz, ganz komplex Gesetz, well mer villes do änneren. Dat ass de Paquet Logement. An do wäerte mer eng Mesure hunn, déi heescht „Écoprêt à taux zéro“, wou mir mat de Gemengen, wou mir Konventionne maachen a wou deejéinegen, deen eben e kleng Revenu huet, dee wëllt energetesch Albausanéierung maachen, datt deen higeet an dee mécht dat, an eréischt no zwee Joer muss en dann dat zréckbezuelen, de Prêt zréckbezuelen ouni Zënsen.

An ech mengen, datt dat eng Approche ass, déi d'Strooss hält. Mir hunn eis do mat de Banke kuerzgeschloss a wéi gesot, ech brauch eng Base légale. An duerfir wäerte mer dat am Gesetz vun '79 iwwert d'Aides au logement fixéieren.

Da wëll ech soen, datt eleng um Niveau vum „PRIME House“, wou ech elo geschwat hunn, also Albausanéierung, an do sinn nach aner Beräicher dran, datt mer 90 Milliounen wëlle hunn ze investéieren an deenen nächste véier Joer. An ech wënsche mer, datt et domat net duergeet. A wann d'Gemengen eng Hand upaken iwwert de Klimapakt, da wäerte mer an der Albausanéierung nach méi Sue brauchen.

Eleng de Pakt Klima, fir och nach eng Kéier dorop zréckzekommen, dat sinn 68 Milliounen, déi mer brauche fir de Fonctionnement bis Enn 2020. An dat sinn iwwer honnert Milliounen, wou ech dovun ausginn, datt mer am Kontext vun der Hardware, an d'Gemenge sinn do ganz kreativ, ech weess dat, an déi Sue wäerte mer och ganz sécher brauchen.

Een anert Beispill ass d'Wärmeschutzverordnung. Et kann een net einfach soen, mir hätten näischt gemaach. Mir hunn eppes Contraintes gemaach - Dir wësst déi verschidden Échéancens, ech ginn elo net dorobber an - en vue vun der Norm, eng Klass B am Beräich vum Wärmeschutz an eng Klass A am Beräich vun der Gesamtenergiebilanz bis 2015, an ab 2017 eng duebel Klass A.

Dann a puncto Berodung, Formationen zesumme mat mengem Kolleeg Minister vun der Economie. Knapp 80 Gemenge maache bei „myenergy“ bei den „Infopoints“ mat. Och dat, mengen ech, ass e ganz wesentleche Punkt, déi Berodung.

Elektromobilitéit ass een anere Sujet. An den Aktionsplang wollt ech soen, well déi Fro gestallt ginn ass, deen ass fäerdeg. Mir hunn elo nach déi lescht Wochen eenzel Donnéeën, déi mer vun anere Ministeré kruten, ageschafft. An dee wäert dann och ab 1. Februar kënne virgestallt an diskutéiert ginn. Souwisou hu mer eng Partie vun deene Mesuren, déi am Partenariat erauskoumen, schonn ëmgesat oder si mer amgaangen ëmzesetzen. Ech wollt dat awer eng Kéier daitlech soen.

An dann, fir vläicht nach op eng oder zwou Froen ze äntwerten am Kontext vun de Biocarburanten. Do ass et ganz kloer, wa mer elo bei 5% sinn an net méi zéng, datt mer méi Efforten heiheem musse maachen. Dat ass ganz kloer. Mir musse ronn 300.000 Tonne méi an anere Beräicher reduzéieren.

An da war och d'Fro vun de CDMen. Ech mengen, de Roger Negri hat déi gestallt. Laut Direktiv därefer mer 4% CDMen notzen, plus en Deel vun engem anere Land, wann dat d'accord wier. Mä do hu mer och nach näischt ënnerholl. Zënter zéng Deeg ass jo kloer, datt de Kyoto-Protokoll d'Méiglechkeet gëtt, deemno och dann d'CDMe weider existéieren.

Dat sinn déi wesentlech Saachen, déi ech hei wollt viruginn. Ech mengen, datt ech och op déi wichtegst Froe geäntwert hätt. Meng Zäit ass ëm.

Ech wënsche mer, datt trotzdem déi Ëmsetzung vun där Direktiv, déi mer einfach brauchen, eng breet Zoustëmmung hei an der Chamber fënnt.

Merci!

► **Plusieurs voix.** - Très bien!

► **M. le Président.** - Merci dem zoustännegen Minister. Domadder wiere mer um Enn vun der Diskussioun a mir kommen zur Ofstëmmung iwwert de Projet de loi.

**Vote sur l'ensemble du projet de loi 6428 et dispense du second vote constitutionnel**

D'Ofstëmme fänkt u. Fir d'Éischt déi perséinlech Stëmmen. De Vote par procuration. De Vote ass ofgeschloss.

De Projet de loi 6428 ass ugeholl mat 40 Jo géint 20 Nee-Stëmmen.

Ont voté oui: Mmes Diane Adehm, Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt (par M. Marcel Oberweis), MM. Fernand Boden, Lucien Clement, Mme Christine Doerner, MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Mme Marie-Josée Frank, MM. Léon Gloden, Norbert Hauptert, Ali Kaes, Marc Lies, Mme Martine Mergen, MM. Paul-Henri Meyers Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Gilles Roth, Jean-Paul Schaaf, Mme Tessy Scholtes (par M. Lucien Clement), MM. Marc Spautz, Robert Weber, Lucien Weiler (par M. Jean-Paul Schaaf), Raymond Weydert, Serge Wilmes et Michel Wolter;

MM. Marc Angel (par Mme Claudia Dall'Agnol), Alex Bodry, Mme Claudia Dall'Agnol, MM. Fernand Diederich, Georges Engel (par M. Roger Negri), Ben Fayot, Claude Haagen, Jean-Pierre Klein (par M. Roland Schreiner), Lucien Lux, Mme Lydia Mutsch, MM. Roger Negri, Ben Scheuer et Roland Schreiner;

M. Jacques-Yves Henckes.

Ont voté non: MM. André Bauler, Eugène Berger, Xavier Bettel (par M. Claude Meisch), Mme Anne Brasseur (par M. Fernand Etgen), MM. Fernand Etgen, Alexandre Krieps, Claude Meisch, Mme Lydie Polfer (par M. André Bauler) et M. Carlo Wagner (par M. Eugène Berger);

MM. Claude Adam, François Bausch (par Mme Viviane Loschetter), Félix Braz (par M. Claude Adam), Camille Gira, Henri Kox, Mmes Josée Lorsché et Viviane Loschetter;

MM. Jean Colombero, Gast Gibéryen et Fernand Kartheiser;

M. Serge Urbany.

Gëtt d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

(Assentiment)

Et ass also esou decidéiert.

## 10. Discours de fin d'année de M. le Président

Dir Dammen an Dir Hären, léif Kolleeginnen a Kolleegen, wéi dat Tradition ass, wëll ech um Enn vun eiser leschter öffentlecher Sitzung vun deem Joer e kuerze Réckbléck maachen an op deen een oder anere Sujet agoen, dee mech an de leschte Woche ganz besonnesch beréiert huet.

2012 war net ëmmer en einfacht Joer, net fir d'Leit dobaussen, mä och net ëmmer fir eis heibannen. An de leschte Wochen huet, niewent de Budgetsdebatten, de Geheimdénkscht e gudden Deel vun der Aktualitéit heibannen an dobaussen dominéiert. D'Geheimdénkscht-Kontrollkommissioun huet an de leschte Woche vill Stonne verbruecht, fir hirer Kontrollaufgab, esou wéi d'Gesetz dat virschreift, nozekommen. Erlaabt mir och duerfir, vun der Geleeënheet ze profitéieren, fir dem President, alle Membere vun dëser Kommissioun an eisem Generalsekretär e grouesse Merci fir hiren Asaz auszedrécken.

D'Enquêtekommissioun wäert also elo an deenen nächste Wochen a Méint ze klären hunn, ob am Geheimdénkscht an deene leschte Jore géint Gesetzzerstoss ginn ass, an doriwwer der Chamber e Rapport maachen. Dëst stellt eng grouss Erausforderung fir d'Parlament duer, well et fir d'Éischt ass, datt eng Enquêtekommissioun sech am Kader vum neie Gesetz, deem vum 27. Februar 2011, bewege wäert. E Gesetz, wat hir wäitgehend Kompe-

tenze gëtt. Ech wëllt duerfir dem President an alle Membere vun där Kommissioun dat néidegt Fangerspëtzegefill wënschen, dat si brauchen, fir hirer Missioun nozekommen.

Dir Dammen an Dir Hären, léif Kolleeginnen a Kolleegen, d'Chamber huet an deene leschte Woche vill Zäit mat Dossiere wéi Wickreng/Léiweng, Geheimdénkscht oder Cargolux verbruecht. Dëst Opschaffe vun Dossiere gehéiert sécherlech zur Kontrollfunktoun vun engem Parlament an dréit zu méi Transparenz am politesche Liewe bäi. Ech géif mer perséinlech och wënschen, datt mir iwwert dëse Wee verluerent Vertraue vun de Bierger an d'Institutionen erëmgewannen.

Nach soll dëse Bléck no hannen an d'Vergaangenheet eis net vergiesse loossen, datt eist Land sech an engem groussen Émbroch befënnt an datt mir an deenen nächste Jore mussen zolidd Erausforderunge schëlleren, déi eis ganz Energie an Asaz wäerte fuerderen. Ech géif duerfir wëllen en Appell un eis alleguerte richten, am neie Joer de Bléck no vir ze richten an eis nach méi offensiv mat deene fir eist Land, mä och fir Europa wesentlechen Zukunftschantieren ze befaassen.

Een dovunner ass d'Bekämpfung vun der Aarmut. Den Eurostat huet viru Kuerzem erschreckend Zuele publizéiert: 24,2%, also bal e Véirel vun der Populatioun an deene 27 EU-Memberlänner hunn zejoert riskéiert, an Aarmut ze liewen oder sozial ausgeschloss ze ginn. 120 Milliounen Leit, bal eng Persoun vu véier, ware concernéiert. A Bulgarien ass et souguer bal d'Halschent vun der Populatioun. Hei bei eis am Land läit de Prozentsaz bei 17, dat wieren ongeféier 86.000 Leit, déi riskéieren, an Aarmut ze liewen oder sozial ausgeschloss ze ginn.

Och wann eist Land am Duerchschnitt besser dosteet wéi déi meescht aner europäesch Staaten, sou mussen dach déi Zuelen eis allegueren eeschthaft Suerge maachen. Et ass och do, wou ee vläicht am beschten den Impakt vun der Kris mat all hire Konsequenze virun Ae gefouert kritt.

Dëse Risiko vun Aarmut trifft een Deel vun eiser Bevölkerung am häertesten, an dat sinn déi jonk Leit. D'Gefor, fir an Aarmut erofzeretschen, ass bei deene Jonken ënner 25 Joer méi akut wéi bei deenen eelere Generatiounen. Ganz besonnesch nodenklech mécht mech duerfir och d'Kanneraarmut, mat där mir och an eisem Land ëmmer méi oft konfrontéiert ginn. An engem Rapport vum Statec gëtt festgehalten, datt 2011 de Risiko, fir an Aarmut ze liewen, bei de Kanner a Jugendleche bis 17 Joer bei iwwer 20% louch.

Wann ech vun Aarmut schwätzen, da wëll ech dat net nëmmen op d'Fro vun der Héicht vum Akommes reduzéiert gesinn, well d'Aarmut hautdesdaags vill méi Dimensionen huet. Si ass subjektiv a relativ. Ernährung, Gesondheet, Kleedung, Wunnen a sozial Émstänn spillen hei eng eminent wichteg Roll. Dozou gehéiert och zum Beispill dat, wat d'Kand ausserhalb vun der Famill an der Schoul vun Aktivitéite kann hunn, wat d'Famill sech finanziell an zäitlech ka leeschten u Sport, Kultur oder soss Fräizäit- a gesellschaftlech Aktivitéiten. Als Kand gëtt d'Fundament geluecht fir dat spéidert Liewen an duerfir muss all Kand déi beschtméiglech Chancé kréien.

Léif Kolleeginnen a Kolleegen, Kanner a Jugendleche, déi weder sportlech nach kulturell an hirer Fräizäit aktiv sinn, riskéieren ofzeretschen, leider ëmmer méi an eng digital Welt, aus där se riskéieren, net méi erauszekommen. Wéi ech virun e puer Wochen eng Visite bei der Association „Anonym Glécksspiller“ gemaach hunn, sinn ech dach déif schockéiert gewiescht iwwert d'Zuelen, déi mir vun deene Responsabele vun där Associatioun genannt gi sinn. Net nëmmen, datt am Land ëm déi 4.500 Leit glécksspillsüchtes sinn, mä et kënnt elo ganz besonnesch derbäi, datt ëmmer méi jonk Leit ofhängeg si vun Handy, PC, Internet oder alle méigleche virtuelle Spiller. Hei si jonk Leit, déi carrément just nach an enger digitaler Welt liewen, mat alle Konsequenzen, déi dat op hir Entwécklung wäert hunn.

Ëmmer méi Spezialiste warne virum digitalen Ofstieg, wa weider Kanner a jonk Leit haut duebel esou vill Zäit mat digitale Medië verbréngen wéi mam gesamte Schoulstoff, dee se ze absolvéieren hunn. Ganz besonnesch beträff huet mech gemaach, datt vill Elteren iwwerhaupt net wëssen, wéi se mat deene Situatiounen sollen ëmgoen an u wie se sech kënne wenden, fir hei Hëllef ze kréien.

Well ech iwwerzeegt sinn, datt mir eis dëser Problematik mussen zur Zäit unhuelen a mir dat nëmme kënne packen, wa mir dat zesumme mat der Regierung, den zoustännegen Administratiounen, awer och deene kompetenten Associatiounen maachen, hunn ech mer erlaabt, zesumme mat de Presidente vun deenen dräi derfir zoustänneg Chamberskommissiounen ze kucken, wéi mir och um Niveau vun der

Chamber kënnen an dëser Thematik nach méi aktiv ginn. Mäi Wonsch wier et, datt mer am Laf vum nächste Joer dëse Sujet am Kader vun enger Orientéierungsdebatt kéinte behandelen.

Dir Dammen an Dir Hären, léif Kolleeginnen a Kolleegen, loosst mech kuerz iwwer Europa an d'Europäesch Unioun schwätzen. Ee vun deene bessere Momenter 2012 ass dee gewiescht, datt d'Europäesch Unioun de Friddensnobelpräis zu Oslo kritt huet.

► **Une voix.** - Très bien!

► **M. le Président.** - Dës Auszeechnung kënnt zu engem gudden Zäitpunkt. Si erënnert eis eemol méi un de Courage an un d'Ausdauer vun de Grënnern vun der Europäescher Unioun, déi sech fir Eenheet, Fridden a Fräiheet agesat hunn. Grad an dëse méi schwierigen Zäiten ass dëst e wichtegt Zeechen, fir eis alleguer als eng solidaresch Gemeinschaft ze gesinn an dee Courage ze weisen, fir iwwert dës Kris erauszekommen.

Europa steet haut viru villen Erausforderungen, an dat net nëmmen op finanziellem an ekonomeschem Plang. Jugendaarmut, Jugendaarbeitslosigkeit, Perspektivlosigkeit, dat sinn déi grouss Erausforderunge fir d'Europäesch Unioun, un deene si och wäert gemooss ginn.

Et gehéiert haut a gewëssene Kreesser zum gudden Toun, extrem kritisches zu Europa ze stoen. Am Moment gesi mir vill nationale Klenggeesch an Egoismus. Mir gesinn erschreckend weéng Sënn fir Gemeinsames a Solidaritéit an der Unioun. Wann Europa senge Bierger net déi Gebuergeenheet a Sécherheet ka ginn, dann ass de Risiko grouss, datt sech d'Maschinn géint hir Erfinder wäert dréien an dann entsti Ressentimenter, déi Europa riskéieren ze iwwerfuerderen. Dergéint musse mir als Politiker ugoe mat Toleranz, Courage a méi Éierlechkeet an der Politik, awer an der Gewëssheet, datt et ouni d'Europäesch Unioun deemem Kontinent vill méi schlecht géif goen.

Léif Kolleeginnen a Kolleegen, ech hoffen, datt mir no där besënnlecher Zäit vu Chrëschttag an Neijoersdag nei Energie a Courage wäerte matbréngen fir d'Erausforderungen, déi 2013 op eis waarden. Ech géif eis alleguer wënschen, datt mir an deenen nächsten Deeg deen néidege Recul kéinte kréien, fir eis selwer an eis Aarbecht och emol eng Kéier kritisches ze hanterfroen.

An ech wëll zum Schluss vu mengen Ausféierungen de Jacques Delors zitéieren, dee kierzlech an engem Interview am Kontext vun der Zukunft vun der Europäescher Unioun gesot huet, an ech zitéieren: «Parce que si l'Europe n'est pas en mesure, d'une manière raisonnable, compte tenu des efforts que doivent faire les gouvernements, d'ouvrir les chemins de l'espoir de la reprise économique et de la solidarité sociale, alors, elle risque d'échouer.»

Wat fir d'Europäesch Unioun zielt, zielt a fortiori och fir eist Land. An ech géif mir duerfir perséinlech fir 2013 wënschen, datt an all eisen Iwwerleungen, hei am Haus, mä och dobaussen, erëm de Gedanke vun der Solidaritéit géif méi am Vierdergrond stoen.

Ech wëllt op dëser Plaz alle Kolleegen, Kolleeginnen, dem Generalsekretär a sengen zwee Adjoints, mä och alle Mataarbechter aus deem Haus an aus de Fraktiounen an all deenen, déi un eiser Aarbecht associéiert sinn, an och der parlamentarescher Press e grouesse Merci ausschwatzen. Ech wënschen lech schonn elo fir 2013 all Guddes an eng gutt Gesondheet.

Meng beschte Wënsch richten ech natierlech och un d'Membere vun der Regierung a vun deenen aneren Institutionen, déi un der legislativer Aarbecht bedeelegt sinn. An all deene Leit, déi eis nolauschten oder nokucken, wënschen ech schéi Chrëschtdeeg an alles Guddes fir dat neit Joer. Ech freeë mech elo schonn, lech alleguerte gesond a monter am neie Joer erëmzegesinn. Déi Éischt vun lech schonn den 3. Januar, wou déi nächst Sitzung vun der Enquêtekommissioun wäert stattfannen.

Ech soen lech Merci fir Är Opmierksamkeet.

► **Plusieurs voix.** - Très bien!

(Applaudissements)

► **M. le Président.** - Den Här Spautz huet d'Wuert.

► **M. Marc Spautz** (CSV). - Här President, am Numm vun de Kolleeginnen a Kolleegen hunn ech haut d'Éier, och lech all Guts ze soen a villmools Merci ze soe fir déi Aarbecht, déi mer zesumme geleescht hunn an deene leschten zwielef Méint, zesumme mam Chamberspersonal, mam Greffe, mat de Mataarbechter aus de